[www.maacher-musekschoul.lu](http://www.maacher-musekschoul.lu)

# MUSEKSCHOUL VUN DE GEMENGE

GRÉIWEMAACHER, BECH, BETZDER, BIWER, FLUESSWEILER, LENNENG,  
MÄERTERT/WAASSERBËLLEG, MANTERNACH A WUERMER.



## EIS OFFER:

### Danz a Bewegungsraum fir Kleng a Grouss

Musek an Danz mat kleng Kanner, zesumme mat engem Elterendeel, fir Kanner vu 6 Méint bis 4 Joer.

### Eveil musical

Musek an Danz mat kleng Kanner, zesumme mat engem Elterendeel, fir Kanner vu 6 Méint bis 4 Joer Formation musicale

Fir Kanner (ab dem Alter vu 7 Joer), Jugendlecher an Erwuessener, an der Division inférieure a moyenne.

### Danz

- Kllasseschen Danz fir Kanner ab dem Alter vun 3 Joer.
- Modernen Danz fir Kanner ab dem Alter vun 10 Joer.

### Klassesch Instrumenter

(ab dem Alter vu 6 Joer):

- Blockflütt, Querflütt, Hautbois, Klarinett, Saxophon
- Trompett, Bügel, Trombonn, Cor, Euphonium, Tuba
- Kllassesch Gittar, Gei, Cello, Harf
- Perkussioun, Piano
- Gesank fir Kanner, Jugendlecher an Erwuessener.

### Jazz-Rock-Pop (ab 12 Joer):

Elektresch Gittar, Akustesches Gittar, Bass Gittar  
Drumset, Keyboard, Saxophon, Trombonn, Gesank.  
Theater a Musical Gesank

D'MUSEKSCHOUL ASS OCH OP FIR SCHÜLER AUS ANERE GEMENGEN AN DER REGION.  
ASCHREIWUNGEN, STONNEPLÄNG A WEIDER INFORMATIÖNE FANNT DIR OP:

[www.ermg.lu](http://www.ermg.lu)

# KATECHESE 2024-25 & ERSTKOMMUNION 2025

## CATÉCHÈSE 2024-25 & 1<sup>ÈRE</sup> COMMUNION 2025

**DE** Liebe Eltern unserer Katechese Kinder,  
Wie jedes Jahr möchten wir Ihnen die aktuellen Informationen zu unserer Katechese und zur Erstkommunion-Vorbereitung des kommenden Jahres mitteilen.

Unsere Pastoralreferentin Daniela Steil geht Ende dieses Jahres in Rente. Zu unserer großen Freude wird **Veronique Rettel** weiterhin als Titularkatechetin in der Pfarrei Musel a Syr bleiben. Somit ist die pastorale Arbeit im Bereich Kinderpastoral und die Begleitung der ehrenamtlichen Frauen und Männer weiterhin gewährleistet.

~ Die Feiern der Erstkommunion sind in vollem Gange, wir feiern an 5 Orten.

~ Im kommenden Jahr sind die Termine der Erstkommunion folgende:

1. Wormeldingen Sonntag, der 27.04.25
2. Berbourg Sonntag, der 27.04.25
3. Roodt-Syr Sonntag, der 04.05.25
4. Mertert Sonntag, der 04.05.25
5. Grevenmacher Sonntag, der 11.05.25

~ Für die Anmeldungen zu Katechese und Erstkommunion sind **neue Formulare** in der Ausarbeitung, die ab Ende Juni 2024 auf unserer Homepage bereitstehen.

**Anmeldung bzw. Wiederanmeldung für Katechese und Erstkommunion ab Ende Juni 2024** im Internet auf unserer Homepage:

<https://cathol.lu/musel-syr>

Die ausgefüllten Formulare können Sie uns dann per Post zukommen lassen:

**Pfarrbüro „Musel a Syr“**  
4, rue de Luxembourg  
L – 6750 Grevenmacher

**Zulassungsbedingung für die Erstkommunion:**  
drei Jahre Pfarrkatechese

**FR** Chers parents des enfants de la catéchèse,  
Comme chaque année, nous vous communiquons les informations actuelles concernant la catéchèse et la préparation à la première communion de l'année prochaine.

Notre référente pastorale **Daniela Steil** prendra sa retraite à la fin de cette année. À notre grande joie, **Véronique Rettel**, notre catéchiste titulaire, continuera de travailler comme catéchiste dans notre paroisse « Musel a Syr ». Ainsi, le travail pastoral dans le domaine de la pastorale des enfants et l'accompagnement des bénévoles resteront assurés.

~ Les célébrations de la première communion de cette année-ci sont en pleine préparation.

~ L'année prochaine, les dates de la première communion sont les suivantes :

1. Wormeldange dimanche, le 27.04.25
2. Berbourg dimanche, le 27.04.25
3. Roodt-Syr dimanche, le 04.05.25
4. Mertert dimanche, le 04.05.25
5. Grevenmacher dimanche, le 11.05.25

~ De **nouveaux formulaires** pour les inscriptions à la catéchèse resp. la première communion sont en élaboration. Ils seront disponibles fin juin sur notre site internet.

**Inscription resp. réinscription pour la catéchèse et la première communion à partir de fin juin 2024** sur notre site Internet :

<https://cathol.lu/musel-syr>

Vous pouvez nous envoyer ensuite les formulaires remplis par courrier à :

**Bureau paroissial « Musel a Syr »**  
4, rue de Luxembourg  
L – 6750 Grevenmacher

**Condition d'admission à la première communion :** trois ans de catéchèse paroissiale



Für weitere Auskünfte:  
Pour tout renseignement  
complémentaire :

Daniela Steil  
75 00 63 – 34  
daniela.steil@cathol.lu

Véronique Rettel  
75 00 63 – 35  
veronique.rettel@cathol.lu

**Hey!** DU HUES TËSCHT  
15 AN 30 JOER?

**UM  
hey.snj.lu  
BASS DU  
RICHTEG,**

**WANN S DU DECH AN ENGER SCHOULESCHER  
ODER BERUFFLECHER **IWWERGANGSPHAS** BEFËNNS.**

**NO BEIM  
JONKEN**

Eng Offer vum  
 **Service national  
de la jeunesse**

**Info-Zenter  
Demenz**

**Demenz? Und jetzt?  
Wir sind für Sie da!**

**Info-Zenter Demenz  
14a, rue des Bains  
L-1212 Luxembourg**

**26 47 00  
info@demenz.lu  
demenz.lu**



*Besuchen Sie  
unsere Webseite*

# Energieeffizienz & Reparierbarkeit

Erst checken!

Dann kaufen!



Informieren Sie sich über unsere Produktlisten, Ratgeber und News über aktuelle Tipps und Themen!

Unsere aktuellen Beiträge auf Oekotopten.lu

**Neuer Fernseher - Braucht es „das ganz große Kino“ ?**


Warum effizientere Fernseher in einigen Fällen mehr Strom verbrauchen.

**Pedelects - Noch immer radlos durch den Verkehr?**

Auf was sollte bei der Anschaffung eines Pedelects geachtet werden?

**Reparieren geht (meistens) über Neuinvestieren! !**

Wann sich eine Reparatur lohnt, und wann nicht.



## GEMÉIS FRÉSCH AUS EIGENER PRODUKTION

24/24 bei eis am Haischen nieft dem Holzatelier ze kafen.

Trouvez une sélection de légumes 24/24 dans la maisonnette à côté de l'atelier Bois.

Rund um die Uhr eine Auswahl an Gemüse im Holzhäuschen neben dem Holzatelier.

yolandecoop.lu | Evergreen | 2, rue de Wecker, Betzdorf | Institut St Joseph



ANNONCEN



## Leben ohne Pestizide

Weniger Gift für mehr Artenvielfalt

Pestizide sind schwer abbaubar, reichern sich im Boden und den Gewässern an und gelangen früher oder später in unsere Nahrungskette. Durch ihre unspezifische Wirkungsweise töten sie auch viele nützliche Insekten und Pflanzen. Deshalb sind Pestizide mit Vorsicht zu behandeln und sollten wenn immer möglich vermieden werden.

### Alternativen

- Hacken, Kratzen, gezieltes Mulchen, bzw. Abdecken mit Stroh.
- Zusätzliche Strukturen im naturnahen Garten (Bsp. Insektenhotel, Totholzhaufen).
- Natürliche Schädlingsbekämpfung durch Einsatz von speziellen Kräutern.
- Schneckenzäune, Leimringe um Obstbäume oder Gelbtafeln aufstellen.

## Vivre sans pesticides

Moins de poison pour plus de biodiversité

Les pesticides se dégradent difficilement, s'accumulent dans le sol et les masses d'eau. Par conséquent, ceux-ci entrent tôt ou tard dans notre chaîne alimentaire. En raison de leur mode d'action non spécifique, ils tuent également de nombreux insectes et plantes bénéfiques. Pour cette raison, les pesticides doivent être traités avec prudence et évités dans la mesure du possible.

### Alternatives

- Binage, grattage, paillage ciblé ou couverture de paille.
- Structures supplémentaires dans le jardin naturel (par ex., hôtel à insectes, piles de bois mort).
- Lutte naturelle contre les parasites grâce à l'utilisation d'herbes spécifiques.
- Posez des barrières à escargots, collez des anneaux autour des arbres fruitiers ou des piège de colle.

### Information Informations

### Kennen Sie den Unterschied? Connaissez-vous la différence ?

**Herbizide** töten Pflanzen oder beeinträchtigen deren Wuchs oder hemmen die Ausbreitung. Durch ihre Wurzeln gelangen die Schadstoffe in unser Grundwasser.



Les **herbicides** tuent les plantes, nuisent à leur croissance, ou empêchent leur propagation. Les polluants pénètrent dans nos eaux souterraines par leurs racines.

**Nematizide** wirken gegen Fadenwürmer.



Les **nématocides** sont efficaces contre les nématodes.

**Fungizide** wirken dem parasitären Pilzbefall entgegen und töten deren Sporen ab.



Les **fongicides** s'opposent à l'infestation par les champignons parasites et tuent leurs spores.

**Rodentizide** werden drinnen und draußen gegen Nagetiere eingesetzt.



Les **rodenticides** sont utilisés à l'intérieur et à l'extérieur contre les rongeurs.

**Molluskizide** werden eingesetzt, um Schnecken zu bekämpfen.




Les **molluscicides** sont utilisés pour lutter contre les escargots.

**Insektizide** dienen der Abtötung, Vertreibung oder Beeinträchtigung der Fortpflanzung von Insekten.




Les **insecticides** sont utilisés pour tuer, chasser ou empêcher la reproduction des insectes.

#### Korrekt entsorgen

 Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht® Ressourcencenter

#### Elimination correcte

 Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht® Centre de ressources



www.sdk.lu    



# LIEWENSQUALITÄIT AM NATURNOE GAART!



## MÄI GAART VU GÛSCHTER

## MÄI GAART VU MUER



### DEIER

D'Gestaltung, d'Planzen, d'Material an den Ënnerhalt am formale Gaart sinn opwänneg a soumat oft zimmlech deier.



### GROUSSEN ZÄITOPWAND

All Spontanvegetatioun muss ewechgemaach ginn, well se feel op der Plaz wierkt a sech mat de kloer strukturierte Formen a Linne bäisst.



### INTENSIV FLEEG

Den Asaz vu Pestiziden ass quasi onëmgänglech, fir dat uerdentlech Erscheinungsbild an de kënnschlech wirkenden Zoustand net ze steieren.



### DOUDEG

Exotesch Zierplanzen oder Steen- a Wueswüste bidden eenheemesche Planzen an Déiere wéineg Liewensraum a Fudderquellen.



### NATURFERN

Hei gött géint amplaz mat der Natur geschafft, sou datt weder de Mënsch, nach d'Déieren a Planzen dovunner profitéieren.



### ONANGENEEM

Eng doudeg a latzeg Ëmgéigend bitt engem kaum en optesche Reiz a verréngert d'Openthaltsqualitét.



### GËNSCHTEG

No enger éischer Investitioun fir d'Uleeën (z.B. Bau vun enger Dréchemauer) muss een nëmme nach wéineg Geld an de Gaart investéieren.



### GERËNGEN ZÄITOPWAND

Wéll Gehölzer sinn zum Beispill méi liicht ze fleege wéi Schnëtthecken. Mat just e puer Handgrëffer am spéiden Hierscht oder Fréijoer ass den Entretien gemaach.



### EINFACH FLEEG

D'Natur einfach Natur si loossen! Nützingen hale Schiedlingen a Schach an och e Wéllkraut (oft pollen- an nektar-spendend Bléieplanz) däerf hei wuessen.



### LIEWEG

Ënnerschiddlech Liewensraim bidden der heemescher Déieren- a Planzewelt Plaz fir ze liewen, Nahrung ze sichen a sech fortzeplanzen.



### NATURSCHUTZ

Duerch Reewaassernotzung oder déi richtig Planzewiel zum Beispill gi Waasserressource geschount, d'Loft-qualitét erhéicht an d'Natur geschützt.



### ANGENEEM

D'Diversitéit u Formen, Faarwen a Liewewiesen steigert d'Ästhetik an d'Loscht, Zäit am Gaart ze verbréngen.



# En Dag an der Natur



Randonnées à pieds ou à bicyclette, excursions, ateliers, marchés, fêtes...



Programme En Dag an der Natur

**350**  
activités nature  
d'avril à août

Une campagne de natur&emwelt a.s.b.l. organisée en collaboration avec de nombreux partenaires. Sous le patronage du Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité.

[www.naturemwelt.lu](http://www.naturemwelt.lu) | [info@naturemwelt.lu](mailto:info@naturemwelt.lu)  
Tel. 29 04 04 - 1

# GEMENGEROTS- SÄTZUNG VUM 26.01.2024

Sämtlech Membere vum Gemengerot si present an alleguerten d'Punkte ginn eestëmme g approvüiert.

## PRÄSENZEN

**Buergermeeschter:** Marc Ries;  
**Schäffen:**

Marie-Claire Ruppert,  
Sylvette Schmit-Weigel;

**Gemengeréit:**

Claude Boden, Marc Bosseler,  
Reinhold Dahlem, Hugo Da Costa,  
Fernande Klares-Goergen, Patrick  
Lamhène, Jean-Pierre Meisch,

**Gemengesekretär:**

Steph Hoffarth.

Deutsche Übersetzung:  
Traduction française :



### Sëtzung am Huis clos (1 Punkt):

**A. Provisorisch Ernennung vun engem Gemeindebeamten an der Indemnitéitsgrupp BI, Ënnergrupp Verwaltung, fir d'Besoine vum „Service Urbanismus an Ëmwelt“.**

De Gemengerot ernannt e Gemeindebeamten an der Indemnitéitsgrupp BI, Ënnergrupp Verwaltung, fir d'Besoine vum „Urbanismus an Ëmwelt“.

### Ëffentlech Sëtzung (18 Punkten):

**1. APPROBATIOUN VUM BUDGET RECTIFIÉ 2023 A VUM BUDGET 2024.**

De Gemengerot approvüiert de Budget rectificié 2023 an de Budget 2024 geméiss de folgenden Iwwersiichtstabellen:

### Budget Rectifié vum Budgetsjoer 2023

	Uerdentleche Budget (an €)	Ausseruerdentleche Budget (an €)
Gesamtrecetten	33.729.459,03	13.676.077,19
Gesamtdepensen	15.873.692,56	33.171.626,78
Boni vum Budgetsjoer	17.855.766,47	
Mali vum Budgetsjoer		19.495.549,59
Boni vum Kont 2022	9.066.054,71	
Boni allgemeng	26.921.821,18	
Mali allgemeng		19.495.549,59
Transfert vum uerdentlechen op den ausseruerdentleche Budget	-26.921.821,18	+26.921.821,18
Presuméierte Boni fir Enn 2023		7.426.271,59

## Budget vum Budgetsjoer 2024

	Uerdentleche Budget (an €)	Ausseruerdentleche Budget (an €)
Gesamtrecetten	20.561.682,34	26.648.776,82
Gesamtdepensen	17.064.467,61	28.564.150,08
Boni vum Budgetsjoer	3.497.214,73	
Mali vum Budgetsjoer		1.915.373,26
Presuméierte Boni fir Enn 2023		7.426.271,59
Boni allgemeng	3.497.214,73	5.510.898,33
Mali allgemeng		
Transfert vum uerdentlechen op den ausseruerdentleche Budget	-3.497.214,73	+3.497.214,73
Definitive Boni		9.008.113,06

## 2. BUDGET A COMPTABILITÉIT:

### 2.1. Approbatioun vun de Recetten.

De Gemengerot approvüiert d'Recetten an Héicht vun insgesamt 24 935 420,31 €.

### 2.2. Am Kader vun „d'Gemeng Betzder hëlleft“ accordéiert Subsidien.

De Gemengerot approvüiert de Subsid fir „Betzder hëlleft“ an Héicht vun insgesamt 55 000 €.

### 2.3. Ausseruerdentlech Subsidie fir Veräiner.

De Gemengerot approvüiert fir d'Joer 2022 en ausseruerdentleche Subsidie un den FC Syra Menster an Héicht vun 31 132,04 €.

De Gemengerot beschléisst ausserdeem, dem Veräin ouni Gewënnzweck „Musek am Syrdall asbl“ fir d'Joer 2024 als finanziell Ënnerstëtzung fir de Concert „Lëtzebuerger Lidder, nei arrangéiert 8.0.“ am Kader vun der 35. Musekssaison vu Menster en ausseruerdentleche Subsidie an Héicht vu 5 000 € ze ginn.

Kandidaten. D'„Klima Team“ besteet domat aus der „Klimapaktschäffin“, engem Member vum Gemengeservice „Urbanismus an Ëmwelt“, dem Energieberoder an deenen 8 vum Gemengerot ernannte Memberen..

### 3.3. Ernennung vu Membere vum „Natur Team“ am Kader vum Naturpakt.

De Gemengerot wíelt 4 Membere vu 6 Kandidaten. D'„Natur Team“ besteet domat aus der „Naturpaktschäffin“, engem Member vum Gemengeservice „Verwaltung“, engem Member vum technesche Gemengeservice, engem Member vum Gemengeservice „Urbanismus an Ëmwelt“, engem Member vum Syndikat SIAS, zwee Membere vum Service forestier an deene 4 vum Gemengerot ernannte Memberen.

### 3.4. Ernennung vun de Membere vum „Fairtrade Team“.

De Gemengerot wíelt 8 Membere vun 9 Kandidaten. En neien Opruff fir d'Arecheche vun de Kandidature fir déi 3 fräi Posten am „Fairtrade Team“ wäert an noer Zukunft publizéiert ginn.

### 3.5. Ernennung vu Membere vun der Kommissioun „Gesondheet a Soziales“.

De Gemengerot ernannt 2 zousätzlech Membere fir d'konsultativ Kommissioun „Gesondheet a Soziales“.

## 3. KONSULTATIV GEMENGEKOMMISSIONEN AN AARBECHTSGRUPPEN „TEAMS“:

### 3.1. Ännerung vum internen Reglement vun den Aarbechtsgruppen „Teams“.

De Gemengerot hält eng Ännerung vum internen Reglement vun den Aarbechtsgruppen „Teams“ vir.

### 3.2. Ernennung vu Membere vum „Klima Team“ am Kader vum Klimapakt.

De Gemengerot wíelt 8 Membere vun 13

## 4.4. KOMMUNALE PLANUNG:

### 4.1. Vott iwver déi punktuell Ännerung vum Deelbebauungsplang (PAP) am Bezuch op Grondstécker um Site „Laangfelder/Hogewee“ zu Bierg.

De Gemengerot approvüiert déi drëtt punktuell Ännerung vum PAP fir deen neie Quartier „Laangfelder/Hogewee“ zu Bierg (vereinfacht Verfahren).



## 4.2. Punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) um Site „Roudemerbaach“ zu Ouljen – Approbatioun vum Gemengerot.

De Gemengerot approvüiert déi punktuell Ännerung vum PAG am Bezuch op Grondstécker zu Ouljen um Site „Roudemerbaach“, soudatt de Schäfferot déi an den Artikelen 11 an 12 vum geännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwer d’Gemengeplanung an d’Stadentwécklung festgeluecht Consultatiounen duerchféiere kann. De Gemengerot beschléisst ausserdeem, keng Ëmweltbewäertung duerchféieren, well duerch d’Ëmsetzung vum Projet keng gréisser Auswierkungen op d’Ëmwelt am Sënn vum geännerte Gesetz vum 22. Mee 2008 ze erwaarde sinn.



Die beiden öffentlichen Zonen BEP und VERD entlang der Kuelesbaach in Roodt-Syre sollen durch einen Steg über den Bach miteinander verbunden werden.

## 5. KONVENTIOUNEN:

### 5.1. Avenant vun der Konventioun „Regional Museksschoul Gréiwemaacher“.

De Gemengerot approvüiert den Avenant vun der betreffender Konventioun, deen d’Ännerung vum Berechnungsschlüssel fir d’Bedelegung un den Unterrechtskäschte pro initial Gemeng virgesäit.

## 6. NATURPAKT:

### 6.1. Approbatioun vum Belichtungskonzept fir d’Gemeng Betzder.

De Gemengerot approvüiert d’Dokument vun deem am Kader vum Naturpakt ausgeschaffte Belichtungskonzept fir d’Gemeng Betzder.

## 7. GEMENGEREGLEMENTER:

### 7.1. Nei Festsetzung vun der Gemengesteier fir de Service „lessen op Rieder“.

De Gemengerot setzt déi nei Gemengesteier fir de Service „lessen op Rieder“ op 15,00 € fest

### 7.2. Verkéiersreglementer.

De Gemengerot approvüiert déi folgend Verkéiersreglementer:

- ~ Rued-Sir, NI : Verleeë vun de Bushaltestellen „Rued-Sir / Rothoicht“
- ~ Betzder, rue de la Gare : „Buergebrennen“
- ~ Menster, rue Principale : Bau vun engem Zweefamiljenhaus

## 8. INFORMATIOUNE FIR D’GEMENGEROTSMEMBEREN.

Entfällt

## 9. RAPPORTEN VUN DE GEMENGEVERTRIEDER AN DE VERSCHIDDENE SYNDIKATER.

### SIGRE

Den Här Claude BODEN informéiert iwwer de Vott vun de Comitésmembere vum Syndikat an iwwer Projeten, déi am Laf vum Joer 2024 duerchgefouert solle ginn.

### SIAEG

Den Här Olafur SIGURDSSON informéiert iwwer de Vott vun de Comitésmembere vum Syndikat.

### SIDERE

Den Här Reinhold DAHLEM deelt mat, dass d’Aarbechten an der neier Technikhal am Summer 2024 ufänken.

### CIGR Syrdall

Den Här Reinhold DAHLEM deelt mat, dass d’Asociatioun no engem Gespräch mam Schäfferot vun der Gemeng Betzder beschloss huet, de Proximitéitsservice ab engem Alter vu 65 Joer an net méi ab 60 Joer unzebidden. Dëse Schrott erweist sech ugesiichts de feelende Personalressourcë vun der Associatioun als erfuerderlech. Clienten, déi elo ugemellt sinn, ginn awer och dann akzeptéiert, wann si d’Altersgrenz nach net erreecht hunn.

### Syrdall Schwemm

D’Madamm Marie-Claire RUPPERT informéiert iwwer de Vott vum Budget 2024.

### SIAS

Den Här Marc RIES informéiert iwwer d’Tatsaach, dass Neiwale fir d’Ernennung vun de Comitésmembere vum Syndikat stattfanne wäerten.

### SIGI

Den Här Marc RIES informéiert iwwer de Vott vum neie Comité vum Syndikat.

## 10. FROEN UN D’MEMBERE VUM SCHÄFFEROT.

Den Här Hugo DA COSTA freet, ob d’Remise vun de Subsidien u Studenten ewéi virun e puer Joer erëm a Form vun enger Presenzveranstaltung stattfanne wäert.

De Buergermeeschter äntwert, dass dat aktuellt Verfaren als Folleg vun der COVID-Epidemie agefouert gouf. Eng Presenzfeier kéim bei de jonke Leit awer nëmme ganz schwaach un. Hie proposéiert, d’Kommissioun #betz4yourfuture ëm seng Meenung ze froen.

Den Här Marc BOSSELER freet méi detailléiert Informatiounen iwwer d’Bedéngungen am Fall vun engem Verkaf oder enger Ierfschaft vun Haiser, déi vun der SNHBM kaf kënnen ginn.

De Buergermeeschter wäert de Gemengerot an der nächster Sëtzung doriwwe informéieren.

D’Madamm Fernande KLARES-GOERGEN freet nom „Second-Hand-Corner“.

De Buergermeeschter deelt mat, dass dee vum Veräin „Jugendhaus Betzder“ organiséierte „Second-Hand-Corner“ opgrond vum Manktem u Personalressourcen huet missen opgehale ginn. Am Ament gétt dëse Service net méi ugebueden.

D’Madamm Fernande KLARES-GOERGEN gouf vun Awunner zum Thema Organisatioun vu Visitten betreffend d’Feierlechkeete fir 80-, 85- oder 90-järeg Gebuertsdeeg ugeschwat.

De Buergermeeschter äntwert, dass de Schäfferot eng Deliberatioun wäert huelen, déi d’Reegele fir d’Attributioun an d’Organisatioun wäert festleeën.

D’Madamm Fernande KLARES-GOERGEN bedauert, dass d’Gemeng keng méi festlech Belichtung während de Feierdeeg ëm Chrëscht-dag virgesäit.

De Buergermeeschter äntwert, dass déi vum Gemengerot verabschit Charta fir Energiespueren op Wonsch ugepasst sollt ginn.

D’Madamm Fernande KLARES-GOERGEN informéiert iwwer déi ongesond Parksituatioun an der „Zillerei“. Oft blockéiere Gefrierer de Vëloswee an d’Feldweeër.

De Buergermeeschter deelt mat, dass dës Situatiounen deemnächst duerch d’Astelle vun engem Agent municipal behuewe wäerte ginn.

Den Här Jim MEISCH freet, ob et e Konzept fir Verkéiersberouegung um „Kéisbierg“ gëtt.

De Buergermeeschter deelt mat, datt d'Gemeng schonns sämtlech Moosnamen ergraff huet, déi an hiren Zoustännegkeetsberäich falen. Weider Moosnamen sinn amgang mat der Stroosverwaltung diskutéiert ze ginn.

Den Här Jim MEISCH freet, ob d'Gemeng eng adäquat Gestaltung a Fleg vum Terrain beim „Kochkeller“ virhuele kéint.

De Buergermeeschter äntwert, datt hie bei den zoustännege Servicer nofroe wäert.

Den Här Reinhold DAHLEM biet drëm, déi touristesch Hiwäisschëlde an der Rue de la Montagne ze botzen.

De Buergermeeschter äntwert, datt dës Aarbechten am Budget fir d'Joer 2024 virgesi sinn.

Den Här Reinhold DAHLEM deelt mat, datt déi vun der Gemeng ergraff Moosname fir d'Verkéiersberouegung an der „Roudemerstroos“ net déi erwaarte Friichte gedroen hunn.

De Buergermeeschter äntwert, datt d'Gemeng scho sämtlech Moosnamen ergraff huet, déi an hiren Zoustännegkeetsberäich falen. Weider Moosnamen sinn amgang mat der Stroosverwaltung diskutéiert ze ginn.

Den Här Reinhold DAHLEM bedankt sech bei den technesche Servicer fir hiren Asaz beim Schnéibotzen a beim Äisreen de 17. Januar dëst Joer.

The advertisement features a central illustration of two elderly superheroes, a woman and a man, wearing green suits and orange masks. Above them, the text 'SUPER SENIOR' is written in a stylized font with letters A, B, and C. Below the illustration, there are three call-to-action boxes in different colors: blue, green, and orange. The blue box asks 'ÄERT KAND HUET SCHWIEREGKEETE BEIM LÉIEREN?' and 'Da wennst lech un de SUPER SENIOR!'. The green box asks 'VOTRE ENFANT A DES DIFFICULTÉS SCOLAIRES?' and 'Faites appel au SUPER SENIOR!'. The orange box asks 'DOES YOUR CHILD HAVE LEARNING DIFFICULTIES?' and 'Call on the SUPER SENIOR!'. Below these boxes is a comic strip showing a child struggling in school, then receiving help from the Super Senior characters, and finally holding a certificate that says 'Superbe!'. The advertisement also includes the MEC logo and contact information.

**ÄERT KAND HUET SCHWIEREGKEETE BEIM LÉIEREN ?**  
Da wennst lech un de **SUPER SENIOR!**

**VOTRE ENFANT A DES DIFFICULTÉS SCOLAIRES ?**  
Faites appel au **SUPER SENIOR!**

**DOES YOUR CHILD HAVE LEARNING DIFFICULTIES?**  
Call on the **SUPER SENIOR!**

**MEC** mouvement pour l'égalité des chances  
... pour tous!

**COORDINATION & CONTACT:**  
9, rue André Duchscher | L-6434 Echternach  
Tél.: 26 72 00 35 | 621 66 92 12  
info@mecasbl.lu

**FINALIST RURAL INSPIRATION AWARDS 2021**

**WWW.MECASBL.LU**

Design: Koom.lu | Illustrationen: Nadine Scheller

# GEMENGEROTS- SÄTZUNG VUM 08.03.2024

Sämtlech Membere vum Gemengerot si present an  
alleguerten d'Punkte ginn eestëmmeg approvüiert.

## PRÄSENZEN

**Buergermeeschter:** Marc Ries;  
**Schäffen:**

Marie-Claire Ruppert,  
Sylvette Schmit-Weigel;

**Gemengeréit:**

Claude Boden, Marc Bosseler,  
Reinhold Dahlem, Hugo Da Costa,  
Fernande Klares-Goergen, Patrick  
Lamhène, Jean-Pierre Meisch,  
Olafur Sigurdsson;

**Gemengesekretär:**

Steph Hoffarth.

Deutsche Übersetzung:  
Traduction française :



### Sëtzung am Huis clos (2 Punkten):

**A Ernennung vun engem  
Gemengenemployé an der  
Indemnitéitsgrupp A1 oder  
A2, Ënnergrupp Verwaltung,  
oder Ernennung vun engem  
Gemengebeamten an der  
Indemnitéitsgrupp A1 oder A2,  
Ënnergrupp Verwaltung, mat CDI a  
Vollzäitbeschäftegung, fir d'Besoine  
vum Kommunikatiounsservice.**

De Gemengerot ernennt mat Wierkung  
zum 1. Abrëll 2024 e Gemengenemployé an  
der Indemnitéitsgrupp A1 fir d'Besoine vum  
Kommunikatiounsservice.

**B. Ernennung vun engem  
Gemengebeamten an der  
Indemnitéitsgrupp D1, Ënnergrupp  
spezifesch Attributione vum  
Agent municipal, mat CDI a  
Vollzäitbeschäftegung, fir d'Besoine  
vum Proximitéitsservice.**

De Gemengerot ernennt en Agent municipal  
an der Indemnitéitsgrupp D1, fir d'Besoine vum  
Proximitéitsservice.



### C. Informatiounen zu de Gemengefinanzen.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, en  
zousätzleche Punkt iwver d'Gemengefinanzen  
op den Ordre du jour vun der haiteger Sëtzung  
am Huis clos se setzen. Hien hält déi rezent  
Ännerunge vun der Gemeng Betzder hirer  
finanzieller Situatioun an hir Konsequenzen zur  
Kenntnis.

### Ëffentlech Sëtzung (61 Punkten):

#### 1. BUDGET A COMPTABILITÉIT:

##### 1.1. Kommunikatioun vum Plan de financement pluriannuel (PPF).

De Schäfferot gëtt de Plan de financement plu-  
riannuel (PPF) 2024 fir d'Joren 2025 bis 2027  
bekannt.

##### 1.2. Ordinär Subside fir d'Veräiner.

De Gemengerot approvüiert déi folgend  
ordinär Subside fir déi lokal Veräiner:

Kulturveräiner	Subsid
Fanfare Menster	2.700,00 €
Fanfare Ouljen	2.700,00 €
Fanfare Menster, Supplement fir „11 bis 20 Jugendlecher“ (16 Jugendlecher < 18 Joer)	600,00 €
Fanfare d'Ouljen, Supplement fir „11 bis 20 Jugendlecher“ (12 Jugendlecher < 18 Joer)	600,00 €
Chor Betzder	500,00 €
Chor Menster	1.000,00 €
Chor Rued-Sir	1.000,00 €
<b>Insgesamt</b>	<b>9.100,00 €</b>

Verschiede Veräiner	Subsid
Eltervereenegung	500,00 €
Jugendclub Betzder	500,00 €
Jugendclub Menster	500,00 €
Widdebienger 50+	500,00 €
Gaart an Heem Menster	500,00 €
Gaart an Heem Ouljen	500,00 €
Guiden a Scouten Rued-Sir	500,00 €
Bierger vu Bierg	500,00 €
Widdebiengerfrënn	500,00 €
Amicale CIS Menster	500,00 €
<b>Insgesamt</b>	<b>5.000,00 €</b>

Sportsveräiner	Subsid
D.T. Syra Ouljen	2.500,00 €
D.T. Rued-Sir	2.500,00 €
F.C. Syra Menster	2.500,00 €
Tennis Rued-Sir	2.500,00 €
Badminton	1.350,00 €
Fit and Fun	1.350,00 €
<b>Insgesamt</b>	<b>12.700,00 €</b>

## 2. PROXIMITÉITSSERVICE:

### 2.1. Kreatioun vum „Proximitéitsservice“.

De Gemengerot kreéiert e Proximitéitsservice, deen den Agent-municipallen zougewise gétt an deen derzou bäidroen soll, de Bierger hiert Sécherheetsgefill ze stäerken a Belästegungen an der Éffentlechkeet ze verhënneren.

#### Zu de gesetzlech festgeluechten Aufgabe vum Proximitéitsservice gehéieren:

- ~ D'Sensibiliséierung vun der Éffentlechkeet fir Sécherheet, Preventioun an déi geltend Gesetzer a Virschreften,
- ~ D'Informatioun an d'Melle vu Sécherheets-, Ëmwelt- a Stroosseproblemer bei den zoustännege

Gemengeservicer a staatleche Servicer,  
 ~ D'Ënnerstëtzung vu Foussgänger, déi iwwer d'Strooss ginn,  
 ~ D'Surveillance vu Persounen oder vu Besëtzt vun der Gemeng, bei vun der Gemeng organiséierte Veranstaltungen,  
 ~ D'Ënnerstëtzung vu Persounen, déi Affer vun Noutlagen, Accidenter oder aneren Ereegnisser sinn, déi hir kierperlech Integritéit gefäerden.

De Proximitéitsservice ass och fir d'Vollstreckung vun administrative Sanktiounen zoustännege, déi d'Gesetz fir bestëmmt Faite virgesäit.

### 2.2. Approbatioun vun de Verwaltungssanktioune geméiss dem Gesetz vum 27. Juli 2022.

De Gemengerot approvüiert déi geméiss dem Gesetz iwwer d'Extenssioun vun de Befugnisse vun Agent-municipalle definéiert kommunal Verwaltungssanktioune follgendermoossen:

**Art. 01.** Déi an den Artikelen 02 bis 18 opgefouert Tatbestänn ginn als Verstéiss agestuift, déi mat Verwaltungssanktioune beluecht ginn.

**Art. 02.** D'Besetze vun éffentleche Stroossen, fir do e Beruff, eng industriell, kommerziell, handwierklech oder kënschleresch Aktivitéit auszeüben, oni vum Buergermeeschter dozou ermächtegt ginn ze sinn.

**Art. 03.** D'Benotze vu Méimaschinnen, Seeën a generell allen anere Geräter, déi vill Kaméidi maachen, téschent 21:00 Auer a 7:00 Auer. Samschdes ass d'Benotze vu Geräter, déi vill Kaméidi maachen, téschent 20:00 Auer an 8:00 Auer verbueden. Sonndes an un de Feierdeeg ass d'Benotze vun esou Geräter souwuel daags-iwwer wéi och nuets verbueden.

**Art. 04.** D'Werfen oder d'Zünde vun Dampf-, Knall- oder Explosivstoff, Sténkstoffer oder Stoffe, déi Tréine verursachen, op éffentleche Stroossen, Weeër a Plazen.

**Art. 05.** D'Op- an Ofuede vu Wueren oni d'Autorisatioun vum Buergermeeschter oder ausserhalb vun der Zäitfenster téschent 7:00 Auer an 21:00 Auer.

**Art. 06.** De Betrib oni d'Autorisatioun vum Buergermeeschter vu Radioen an aneren elektronische Geräter op éffentleche Stroossen an op éffentlech zougängleche Plazen, déi de Geräuschpegel vum Stroossekaméidi iwwerschreiden.

**Art. 07.** D'Stéierung vum Betrib vun der éffentlecher Beliichtung an de Beliichtungsscheinwerfer.

**Art. 08.** D'Feiermaachen op éffentleche Stroossen oni d'Autorisatioun vum Buergermeeschter.

**Art. 09.** D'Manipuléiere vun éffentleche Rouerleitungen, Kanalisatiounen, Kabelen an Anlagen.

**Art. 10.** D'Beschiedege vun Dekoratiounsplanzen op éffentleche Stroossen an op éffentlech zougängleche Plazen.

**Art. 11.** D'Netewechmaache vun Hondsexkremerter op éffentleche Stroossen duerch de

d'Propriétaire vum Hond.

**Art. 12.** D'Matféiere vun Hënn op Spillplazen, a Schoulen oder op éffentlech zougängleche Plazen, déi net fir Hënn zougelooss sinn.

**Art. 13.** D'Ausféiere vun Aarbechten op Chantiere vun allen Zorten, vu méindes bis freides téschent 21:00 Auer a 7:00 Auer. Samschdes sinn des Aarbechten téschent 20:00 Auer an 8:00 Auer verbueden. Sonndes an un de Feierdeeg ass d'Ausféiere vun Aarbechten esouwuel daags-iwwer wéi och nuets generell verbueden.

**Art. 14.** D'Opstelle vu Cafés- oder Restaurantterrassen duerch Arichtung vum HORESCA-Secteur iwwer dee vum Gemengerot festgeluechte Perimeter eraus.

**Art. 15.** D'Notze vun éffentleche Spillplazen ausserhalb vun deenen duerch e Gemengereglement festgesaten Éffnungszäiten.

**Art. 16.** D'Ofstellen op éffentleche Stroosse vu Poubellen oder Säck, déi fir d'effentlech Müllentsuergung bestëmmt sinn, viru fréistens 19:00 Auer den Dag virun der Kollekt.

**Art. 17.** D'Verspäre vun éffentleche Stroossen duerch Bau- an Transportbetriber an der Géigend vu Chantieren an Op- an Ofloedplazen.

**Art. 18.** D'Betriebe vun der Äisfläch vu Kanäl, Basengen, Weieren a Waasserleef oni d'Autorisatioun vum Buergermeeschter.

## 3.3. PERSONALFROEN:

### 3.1. Decisioun iwwer de Klassement vun engem Gemengenemployé.

De Gemengerot klasséiert e Gemengenemployé fir seng Beruffserfarung ze wierdegen a seng Anciennetéit ze berücksichtegen.

Dése Klassement ass doduerch gerechtfäerdeg, datt dee betreffende Gemengenemployé iwwer émfangräich Erfarungen a besonnesch Qualifikatioune verfüegt, déi fir dese Posten néideg sinn. D'Aufgabe vun deem Posten ëmfaassen ausschliesslech Tätigkeiten, déi dese Gemengenemployé am Kader vu senger verschiddene fréiere Beschäftegungen ausgefouert huet.

### 3.2. Suppressioun vu Posten.

Der Gemengerot approvüiert d'Suppressioun vu friäen, onbesate Posten.

## 4. DEVISEN:

De Gemengerot stëmmt iwwer déi follgend Devisen of, déi alleguerten am Budget fir d'Budgetsjoer 2024 enthalte sinn:



Devis	Betrag
4.1. Ënnerstëtzung an Aféierung – Managementsystem fir Sécherheet a Gesondheetsschutz op der Aarbechtsplaz.	65.000,00 €
4.2. Moosnamen zur Verbesserung vun der Sécherheet op de Stroossen.	45.000,00 €
4.3. Erneuerung vun de Bushaltestellen (Quaien, Bushaisercher).	150.000,00€
4.4. Effikass Aariichtunge fir d'Vitesslimitatioun an d'Verkéisberouegung am Híbléck op d'Sécherung vun den Dierfer ze garantéieren.	20.000,00€
4.5. Opwäertung vum Site „Rothoicht II“ – Fraise fir d'Etüd.	100.000,00€
4.6. Erneuerung vum Daach an der Fassad vum Haus op Nummer 4, rue du Canal zu Menster.	20.000,00€
4.7. Installatioun vun intelligenten Drénkwaassercompteuren.	100.000,00€
4.8. Reamenagement vun der Parkplaz um Site vun der aler Millen zu Ouljen.	80.000,00€
4.9. Gestaltung vun enger Spillplaz am Lotissement „Laangfelder/Hogewee“.	40.000,00€
4.10. Iwwerwaachungssystem fir eis Fotovoltaikanlagen.	20.000,00€
4.11. Konzept fir d'Versuergung vun der Gemeng mat thermescher Energie.	40.000,00
4.12. Abau vu 5 neie Garagendien am Gemeengegebai zu Bierg.	60.000,00€
4.13. Abau vun enger Trennwand an der Buvette an der Sportshal.	35.0000,00€
4.14. Kaf vun engem Induktionskachplak a Kaf vu Kachgeschier fir d'Kiche vum Kulturzentrum zu Menster.	20.000,00€
4.15. Installatioun vun engem Stroumnetz mat Verdeelerpunkten – Haff vum Chrëschtmaart.	50.000,00€
4.16. Etüden am Híbléck op de künftege Besoin un Infrastruktur fir d'Gemengeservicer.	75.000,00€
4.17. Käschte fir d'Etüd vum Projet „Resilient Gemeng“.	35.000,00€
4.18. Machbarkeetsetüd am Bezuch op eng Struktur fir d'Ënnerbréngung vun eelere Leit.	100.000,00€
4.19. Ëmwandlung vum Zentrum für intellektuell Entwécklung (CDI) an en Zentrum fir motoresch Entwécklung (CDM) um Schoulcampus zu Rued-Sir – Käschte fir d'Etüd.	100.000,00€
4.20. Opstelle vu Pingpongdescher op öffentleche Flächen.	8.500,00€
4.21. Installatioun vun enger Stroossebeliichtung laanscht den Tréttor un der NI zu Bierg.	45.000,00€
4.22. Kaf vu Material fir de Waasserdéngscht.	63.900,00€
4.23. Kaf vu Material fir de Gebaidéngscht, de Stroosendéngscht an de Gaardendéngscht.	97.080,00€
4.24. Etüde fir d'festleeë vun den Drénkwaasser- an Ofwaassertaxen.	10.000,00€
4.25. Neigestaltung vun der Spillplaz beim Precoce zu Rued-Sir.	20.000,00€
4.26. Markéierungsarbechten op der NI – Streck „Nei Crèche bis bei d'Barrière“.	45.000,00€
4.27. Kaf vun enger Méimaschinn/ Fräischneider.	62.000,00€
4.28. Kaf vun enger Rotatiounsméimaschinn.	40.000,00€
4.29. Erstellung vun techneschen Dossieren „Drénkwaassernoutfallplang“.	45.000,00€
4.30. Aktualiséierung vun de Pläng vum Rouerleitungsnetz.	7.000,00€
4.31. Technesch Ënnerstëtzung bei Drénkwaasserdossieren.	32.000,00€
4.32. Abau vun enger neier Kichenzeil am „Gebai A“ vun der Gemeng zu Bierg.	15.000,00€
4.33. Eliminatioun vu Senkungsress am Kirchegebai zu Betzder.	45.000,00€
4.34. Etüd fir d'Optiméierung vun eisen Drénkwaasserquellen.	30.000,00€
4.35. Neigestaltung vun enger Rei Stroossen zu Menster – Erneuerung vun de Versuergungsleitungen.	290.050,00€

## 5. VERTRÄG:

### 5.1. Grafkonzessionsvertrag.

De Gemengerot approvüiert e Grafkonzessionsvertrag vum Kierfecht zu Rued-Sir.

## 6. VERKAFS-, TAUSCH- A KAFVERTRÄG:

### 6.1. Kaf vun engem Grondstéck (Kadaster Ouljen) um Site „auf dem Raedgen“ (Nr. 683).

De Gemengerot approvüiert de Kafvertrag, Kadasternummer 633/3162.

### 6.2. Gratis Cessioun vun engem Grondstéck (Kadaster Betzder) um Site „rue de la Gare“ (Nr. 684).

De Gemengerot approvüiert de Vertrag iwwer déi gratis Cessioun, Kadasternummer Nr. 657/2742.

### 6.3. Kaf vu Grondstécker (Kadaster Ouljen) op de Sitten „Langwies“, „auf dem Raedgen“ a „Kirchenhoehi“ (Nr. 685).

De Gemengerot approvüiert de Kafvertrag, Kadasternummere 340/2701, 621/3150, 628/3158, 903/3180 an 1011/3202.

### 6.4. Kaf vu Grondstécker (Kadaster Ouljen) um Site „auf dem Raedgen“ (Nr. 686).

De Gemengerot approvüiert de Kafvertrag, Kadasternummere 647/3164 a 647/3166.

### 6.5. Kaf vun engem Grondstéck (Kadaster Ouljen) um Site „Langwies“ (Nr. 687).

De Gemengerot approvüiert de Kafvertrag, Kadasternummer 627/3154.

### 6.6. Grondstéckstausch (Kadaster Rued-Sir) um Site „im Langfeld“ (Nr. 688).

De Gemengerot approvüiert den Tauschvertrag, Kadasternummere 414/2524, 414/2526 an 964/3198.

### 6.7. Grondstéckstausch (Kadaster Ouljen) um Site „in Kirschlick“ (Nr. 689).

De Gemengerot approvüiert den Tauschvertrag, Kadasternummere 414/2525, 414/2527 an 1013/3204, 1042/3206, 1043/3208, 1044/3210, 1047/3212 an 1047/3214.

### 6.8. Kaf vun engem Grondstéck (Grondbuch Menster) um Site „Walsacker“ (Nr. 692).

De Gemengerot approvüiert de Kafvertrag, Kadasternummer 345/2.

## 7. URKUNDEN IWWER RECHTER, SERVITUDEN A PROPRIÉTÉTSERKLÄRUNGEN:

### 7.1. Proprietétsklärung a Bezuch op déi am Kadaster vu Betzder um Site „im Grosfeld“ (Nr. 682) agedroe Parzellen.

De Gemengerot approvüiert d'Urkund iwwer d'Proprietétsklärung am Bezuch op den Exploitatiounswee mat de Kadasternummere 541/2736 a 541/2740.

### 7.2. Erstellung vun enger Servitude op Parzellen, déi am Kadaster vu Rued-Sir um Site „rue de Menster“ (Nr. 690) agedroe sinn.

De Gemengerot approvüiert d'Urkund iwwer d'Erstelle vun enger Servitude op de Parzelle mat de Kadasternummere 392/2531, 392/2532, 392/2533, 392/2534, 392/2535 an 392/2491.

### 7.3. Erstellung vun enger Servitude op Parzellen, déi am Kadaster vu Bierg um Site „route de Luxembourg“ (Nr. 691) agedroe sinn.

De Gemengerot approvüiert d'Urkund iwwer d'Erstelle vun enger Servitude op de Parzelle mat de Kadasternummere 117/1128, 117/1129, 117/1130, 117/1131 an 117/1132.

### 7.4. Recht op eng dauerhaft Installatioun vun elektreschen Anlagen op Parzellen, déi am Kadaster vu Menster um Site „Rothoicht“, Sektion E vu Menster (Nr. 693) agedroe sinn.

De Gemengerot approvüiert d'Urkund iwwer d'Konventioun fir eng dauerhaft Installatioun vun elektreschen Anlagen op de Parzelle mat de Kadasternummere 125/5801 an 125/5803.

## 8. GEMENGEREGLEMENTER:

### 8.1. Ännerung vum „Night Rider“-Reglement.

De Gemengerot setzt d'Gemengesteier am Bezuch op de Service „Night Rider“ folgendermoosse fest:

~ 80 € : Joresbäitrag „Night Card“ fir Erwuessener ab 26 Joer

~ 50 € : Joresbäitrag „Night Card“ fir Jugendlecher an Erwuessener vu 16 bis 25 Joer

~ 60 € : fir all Trajet, deen iwwer 4 Trajete pro Mount erausgeet

~ 60 € : fir all bestallten, net genotzten an net an den Delaien ofbestallten Trajet

Fir jiddwer Abonnent vun enger „Night Card“ iwwerhëlt d'Gemeng Betzder 4 Trajeten (Aller oder Retour) pro Mount, virausgesat, den Depart oder d'Arrivée befëhnt sech an der Gemeng Betzder.

All weideren Trajet pro Mount gëtt dem Abonnent vun der Gemeng zu engem Forfait vu 60 € facturéiert.

All bestallten, net genotzten an net an den Delaien Trajet (op mannst 2 Stonne virun der confirméierter Ofhuelzäit) ofbestallten Trajet gëtt dem Abonnent vun der Gemeng zu engem Forfait vu 60 € pro Trajet refacturéiert.

### 8.2. Denominatioun fir d'Plaz „Place Martin Blum“ zu Menster.

De Gemengerot hält d'Denominatioun fir d'Plaz „Place Martin Blum“ zu Menster vir. Den Här John FELLER retracéiert d'Liewen an d'Verdénsgschter vum Paschtouer Martin Blum.



### 8.3. Upassung vum Klimapakt-Leitbild am Hibleck op d'Reduzierung vum Energieverbrauch.

De Gemengerot beschléisst, d'Klimapakt-Leitbild am Hibleck op d'Reduzierung vum Energieverbrauch folgendermoosse unzepassen:

~ Upassung vun der Heiztemperatur geméiss de Virgabe vun der ITM, woubäi versicht gëtt, d'Ziler vum Klimapakt-Leitbild ze erreechen,

~ Analys vun der Méiglechkeet vum Réckgrëff op thermesch Solarenergie um Schoulcampus zu Rued-Sir fir d'Erwierme vum Brauchwaasser während de Summerméint,

~ No Méiglechkeet Ausschalte vun de WIFI-Punkten an alle Gemengegebaier mat Ausnam vun de Sätzungs- a

Konferenzraum téschent 18:00 an 07:00 Auer,

- ~ Ausschalte vun der Baussebeliichtung vun deene follgende Gebaier an öffentleche Plazen oder Flächen:
  - Syrkus vun 23:00 bis 06:00 Auer, ausser bei Veranstaltungen
  - Sportshal vun 01:00 bis 06:00 Auer
  - Wee bei d'„Bëschcrèche“ vun 21:00 bis 06:00 Auer
  - „Fieweschplaz“ zu Menster vun 23:00 bis 06:00 Auer
- ~ Ausschalte vun der gesamter architektonescher Belichtung vu Gebaier, inklusiv öffentlech Plazen,
- ~ Systemateschen Austausch vun der Stroossebeliichtung duerch LED,
- ~ Ausschalte vun der Belichtung vum Fousswëe „Käschenallée“ zu Menster téschent 22:00 a 05:00 Auer,
- ~ No Méiglechkeet Réckgrëff op erneierbar Energien,
- ~ Systematesch Installatioun vu Fotovoltaikanlagen op den Diecher vun de Gemengegebaier.

#### 8.4. Approbatioun vu Verkäiersreglementer.

De Gemengerot approvüiert déi follgend Verkäiersreglementer:

- ~ Fest vum 1. Mee zu Menster
- ~ Summerfest zu Menster
- ~ Duerffest zu Menster
- ~ Blummemaart zu Ouljen

### 9. INFORMATIOUNE FIR D'GEMENGEROTSMEMBEREN.

#### a. Terminkalenner:

De Buergermeeschter deelt d'Datumer vun de geplangte Veranstaltungen an der Gemeng mat.

#### b. Suivi vun de Chantieren:

##### 1. Logementer „Al Paschtoueschhaus“ – Menster.

D'Aweigung vun den Haiser ass fir den 10. Mee 2024 geplangt.

##### 2. Logementer bei der Brasserie Monkel – Ouljen.

D'Aweigung vun de Logementen ass fir den 10. Mee 2024 geplangt.

##### 3. Logementer „Al Schoul“ – Menster.

- ~ Gebai A: D'Fassadenaarbechte sinn esou gutt ewéi ofgeschloss. D'Pos vun de Plättercher ass amgang. Den Usträicher huet mat den Aarbechten ugefaangen.
- ~ Gebai B: D'Plätterchersaarbechte sinn ofgeschloss. D'Schräneraarbechte banne

si genee esou ofgeschloss wéi och den Abau vun de Kichen. Den Usträicher ass fäerdeg mat sengen Aarbechten.

- ~ **Gebai C:** D'Plätterchersaarbechte sinn esou gutt wéi fäerdeg. D'Schräneraarbechte banne si genee esou gutt wéi ofgeschloss wéi och den Abau vun de Kichen. Den Usträicher ass bal fäerdeg mat sengen Aarbechten.

##### 4. „Al Schoul“ – Betzder.

- ~ **Block B:** D'Buedemdall um Rez-de-chaussée ass fäerdeg
- ~ **Block C:** D'Buedemdall um 1. Stack gouf betonéiert
- ~ **Block D:** Betonéierung vun de Wänn um 1. Stack

##### 5. „Ale Pompjeesbau“ – Menster.

D'Gerüster fir d'Daachdeckeraarbechte sinn opgeriicht an d'Aarbechte fänke geschwënn un.

##### 6. „Dechanthaus“ – Betzder.

D'Ofrappaarbechte banne sinn amgang, duerno ass d'Stabiliséierung vun de Baussefassade geplangt.

##### 7. Ëmrëschte vun der Stroossebeliichtung op LED – Rued-Sir a Menster.

D'Aarbechten an den Uertschafte Rued-Sir a Menster sinn amgang.

##### 8. Crèche – Rued-Sir.

Den Abau vun de Fënsteren ass ofgeschloss. D'Aarbechten an de Sanitär- an HLK-Anlage sinn amgang. Den Zimmermann huet d'Bannewänn opgestallt. D'Wänn aus Leembléck uewenop si fäerdeg.

##### 9. Kreesverkäier op der Kräizung NI/CR187 – Rued-Sir.

D'Müttelinsel ass fäerdeg. Un der CR 187 Richtung Menster sinn d'Randsteng verluecht, un der NI gëtt de Randsteen téschent der CR a Rued-Sir verluecht.

### 10. RAPPORTE VUN DE GEMENGEVERTRIEDER AN DEENEN EENZELE SYNDIKATER.

#### HPPA Gréiwemaacher

Den Här Jim MEISCH informéiert iwwer eng Erhéijung vun de Käschte fir d'Patienten/Bewunner vum HPPA, déi op déi nei Gesetzgebung zeréckzeféieren ass.

#### SIAS

Den Här Marc RIES deelt mat, dass de Syndikat SIAS an Zesummenaarbecht mat der Natur- a Forstverwaltung (ANF) eng Charta ënnerzeechent huet fir de Label „Holz vun hei“ anzeféieren an déi Produktiounen aus lokalem Holz esou ze promovéieren.

#### Syrdall Heem

D'Madamm Marie-Claire RUPPERT erkläert, dass 2018 nei Bestëmmunge fir d'Fleegeversécherung a Kraaft getruede sinn, déi d'Berechnungsmethod an d'Berechnungsmodalitéite betreffen. Et stellt sech eraus, dass Servicer, déi virun 2018 rembourséiert goufen, no deem neie Gesetz net méi rembourséiert ginn. Aus deem Grond stinn nach 2,3 Milliounen Euro op. D'Associatioun Syrdall Heem huet eng Fiduciaire mat der Duerchféierung vun engem Audit (PWC) an der Erstellung vun engem Bezuelplang beoptraagt.

#### SIDERE

Den Här Reinhold DAHLEM deelt mat, dass d'Gemeng Betzder den neiste Statistiken no déi reservéiert Kapazitéiten ni iwwerschritt huet. Ausserdeem erweist sech deen an Zesummenaarbecht mat dem SIGRE geplangte Bau vun enger technescher Hal als méi deier wéi erwaart. De Surplus gëtt aus Eegemétele finanzéiert, well eng zousätzlech Bedeelegung vun de Gemengen net virgesinn ass.

#### CIGR Syrdall

Den Här Reinhold DAHLEM deelt mat, dass déi Verantwortlech vum Syndikat dofir suerge wäerten, dass de Finanzéierungsmodus duerch d'Gemengen ab dem Joer 2024 méi gerecht ugepasst gëtt.

#### ORT

Den Här Claude BODEN deelt mat, dass de Budgetsplan 2024 an de Rapport d'activité approvüiert goufen. Doraus geet ervir, dass de Gemengebeitrag ëm ronn 10 % klamm wäert. Hien huet och d'Demande fir eng méi staark Opwärtung a Visibilitéit vun de Gemengen am Hannerland innerhalb vum ORT agereecht, well sech de Schwéierpunkt bei der Organisatioun vu Veranstaltungen virun allem op de Gemenge laanscht d'Musel leie géing. Doriwwer eraus deelt hie mat, dass d'Vëlosweeër mat eenheetleche Schëlter gekennzeechent ginn.

### 11. FROEN UN D'MEMEBERE VUM SCHÄFFEROT.

#### Spillplaz – Schoulcampus Cycle 1 (Spillschoul)

Den Här Claude BODEN freet, ob et méiglech wier, op där betreffender Spillplaz e Fussballsgol an e Basketskuerf ze installéieren.

De Buergermeeschter beoptraagt den technesche Service, en entsprechende Virschlag auszeschaffen.

#### Parkplaz „Mairie“ zu Bierg

Den Här Claude BODEN freet, firwat d'Fuerrichtung op der Parkplaz „Mairie“ zu Bierg esou festgeluecht gouf, wéi se elo ass, wat den Nodeel huet, dass d'Autosdieren a Richtung Mauer opgemaach musse ginn.

**De Buergermeeschter** versteet dës Iwwerleeung, muss sech awer bei de Gemengeservicer doriwwer informéieren.

### **Belichtung an der Rue du Moulin zu Rued-Sir**

**Den Här Reinhold DAHLEM** freet, firwat d'Belichtung nëmmen op enger Säit installéiert gouf an ob déi aner Stroosseluuchten och ausgetosch ginn.

**De Buergermeeschter** äntwert, dass sämtlech Stroosseluuchten an der Gemeng duerch nei LED- Stroosseluuchten ausgetosch ginn.

### **Internt Reglement vum Gemengerot**

**Den Här Jim MEISCH** freet nom Avancement beim Ausschaffe vun engem interne Reglement fir de Gemengerot. D'Partei „déi gréng“ hätt nämlech Propositionen ënnerbreet.

**De Gemengesekretär** deelt mat, dass den Echange téschent der Gemeng an dem Innenministère amgang ass. Déi verschidde Rechtsgrundlage mussen nach iwwerpréift ginn.

### **„Corporate Identity“**

**Den Här Jim MEISCH** freet nom Avancement vun der Aféierung vun enger neier „Corporate Identity“ fir d'Gemeng.

**De Buergermeeschter** äntwert, dass en éischt Gespréich mat der Erstellung beoptraagter Firma stattfonnt huet. No engem zweete Gespréich, dat zäitno stattfanne wäert, wäert de Schäfferot alle Gemengerotsmamberen déi nei „Corporate Identity“ am Kader vun enger Aarbechtssätzung presentéieren. Ofschléissend gëtt de Gemengerot dozou opgefuerdert, d'Aféierung ze approvieren.

### **Internetsite vun der Gemeng**

**Den Här Jim MEISCH** freet, ob am Kader vun der Aféierung vum neien Internetsite vun der Gemeng, d'Websäite vun de lokale Veräiner beim SIGI ugesidelt bleiwen.

**De Buergermeeschter** äntwert, dass et sech bei dëser Fro ëm eng technesch Fro handelt, déi hien un den zoustännegen Aarbechtsgrupp weiderleede wäert.

### **Wee „Am Brill“**

**D'Madamm Fernande KLARES-GOERGEN** deelt mat, dass dee betreffende Wee rëtscheg a fir Foussgänger geféierlech ass.

**De Buergermeeschter** äntwert, dass hien deen zoustännegen Service forestier informéieren a biede wäert, eppes ze ënnerhuelen.

### **Wee „Widdebierg“**

**D'Madamm Fernande KLARES-GOERGEN** deelt mat, dass dee betreffende Wee och an engem schlechten Zoustand ass. Si biet drëm, dass dese Wee, deen Deel vun engem Ronnwanderwee ass, fir d'Summersaison nees an d'Rei gesat gëtt. **De Buergermeeschter** äntwert, dass hien och dës Demande un deen zoustännegen Service forestier weiderleede wäert.

### **Duerchféierung vun Aarbechte mat Päerd am Gemengebësch**

**D'Madamm Fernande KLARES-GOERGEN** freet, ob de Service forestier fir d'Duerchféierung vun bestëmmten Aarbechten am Gemengebësch nach ëmmer Päerd asetzt.

**De Buergermeeschter** confirméiert, dass dat nach ëmmer de Fall ass.

### **Dréchemauer zu Betzder**

**D'Madamm Fernande KLARES-GOERGEN** freet no Informatiounen am Bezuch op d'Reparatioun vun der Dréchemauer zu Betzder.

**De Buergermeeschter** äntwert, dass déi betreffend Mauer deelweis zesummegefall ass. Hie war och vun deenen duerchgefouerten Aarbechten iwwerrascht an net glécklech doriwwer. Senger Meenung no handelt et sech ëm d'Zerstéierung vun engem Biotop geméiss Artikel 17 vum Gesetz an hien huet mam Direkter vun der ANF driwwer geschwat. D'Aarbechte goufe provisoresch agestallt, fir eng Reunion téschent der Stroossebauverwaltung an der Natur- a Forstverwaltung ofzewarten.

### **Container fir Gaardenoffäll zu Rued-Sir**

**Den Här Marc BOSSELER** huet beobacht, dass de Container fir Gaardenoffäll heefeg fir aner Zorte vun Offall benotzt gëtt, wéi zulescht fir eng plastiks Piscine. Hie freet, ob et net ubruucht wier, do Kameraen ze installéieren oder eng aner Moosnam ze ergräifen, well d'Leit ëmmer méi culottéiert ginn.

**De Buergermeeschter** äntwert, dass hien de technesch Service vun der Gemeng schonns domat beoptraagt huet, ze iwwerpräieren ob et méiglech ass, eng Kamera am Ëmfeld vun de Container opzestellen an déi entsprechend gesetzlech Bestëmmungen nozekucken. Eng weider Moosnam wier d'Installatioun vun enger Barrière mat enger Zougangskart.

### **Wee „Haupteschhaff“**

**Den Här Marc BOSSELER** freet nom Avancement vum Projet betreffend d'Reglementatioun vun engem sens unique téschent Menster an dem „Haupteschhaff“.

**De Buergermeeschter** deelt mat, dass fir de kommenden 22. März eng Reunion mat der Stroossebauverwaltung festgeluecht gouf.

### **Second-Hand-Corner**

**Den Här Marc BOSSELER** ënnerbreet e Virschlag betreffend d'Organisatioun vum Service „Second-Hand-Corner“. Deemno kéint dese Service 1 Mol pro Mount vun interesséierten Awunner op fräiwëlleger Basis ugebueden ginn. An dësem Fall biet hien ëm d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng wat d'Bereetstelle vun engem Raum an d'Bereetstelle vu Gefierer an Aarbechtskräften ueegt.

**De Buergermeeschter** bedauert, dass dese Service ofgeschaaft gouf. Et ginn awer Verhandlung mam Syndikat SIAS iwwer déi gemeinsam Notzung vun hirem Ressourcenzentrum gefouert. Déi proposéiert Initiativ wier awer positiv, mee hie wëllt allerdéngs virdrun en Avis juridique anhuelen.

### **Informationsveranstaltung iwwer dat „Neit Gesetz iwwer Veräiner ouni Gewënnzweck“**

**Den Här Hugo DA COSTA** freet, ob d'Gemeng eng Informationsveranstaltung iwwer dat neit „ASBL-Gesetz“ organiséiert.

**De Buergermeeschter** äntwert, dass esou eng Versammlung schonns zu Mäertert stattfënt. D'Gemeng iwwerleet, och esou eng Veranstaltung am Syrkus zu Rued-Sir ze organiséieren.

# GEMENGEROTS- SÄTZUNG VUM 22.03.2024

Sämtlech Membere vum Gemengerot si present an alleguerten d'Punkte ginn eestëmmeg approvüiert.

Opground vun enger Informatioun vum Inneminister stëmmt de Gemengerot iwver déi follgend Punkten of:

## Ëffentlech Sëtzung (1 Punkt):

### 1. PERSONALFROEN:

#### 1.1. Annullatioun vun der Suppressioun vu Posten, déi an der Sëtzung vum 8. Mäerz 2024 virgeholl gi war.

Der Gemengerot annulléiert seng Decisioun vum 8. Mäerz 2024.

## Sëtzung am Huis clos (4 Punkten)

#### A. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitsgrupp A1, Ënnergrupp Verwaltung, mat CDI a Vollzäitbeschäftegung, fir d'Besoine vum Kommunikatiounsservice.

De Gemengerot ernennt mat Wierkung zum 1. Abrëll 2024 en neie Gemengebeamten an der Indemnitéitsgrupp A1 fir d'Besoine vum Kommunikatiounsservice.

#### B. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Indemnitéitsgrupp A2, Ënnergrupp Verwaltung, mat CDI a Vollzäitbeschäftegung, fir d'Besoine vum Kommunikatiounsservice.

De Gemengerot ernennt kee Kandidat fir dese Posten.

#### C. Ernennung vun engem Gemengebeamten an der Indemnitéitsgrupp A1, Ënnergrupp Verwaltung, mat Vollzäitbeschäftegung, fir d'Besoine vum Kommunikatiounsservice.

De Gemengerot ernennt kee Kandidat fir dese Posten.

#### D. Ernennung vun engem Gemengebeamten an der Indemnitéitsgrupp A2, Ënnergrupp Verwaltung, mat Vollzäitbeschäftegung, fir d'Besoine vum Kommunikatiounsservice.

De Gemengerot ernennt kee Kandidat fir dese Posten.

## Ëffentlech Sëtzung (2 Punkten):

### 2. PERSONALFROEN:

#### 2.1 Decisioun iwver de Klassemment vun engem Gemengenemployé.

De Gemengerot klasséiert e Gemengenemployé fir seng Beruffserfarung ze wierdegen a seng Anciennetéit ze berücksichtegen.

Dese Klassemment ass doduerch gerechtfäerdegt, dass dee betreffende Gemengenemployé iwver ëmfangräich Erfarungen a besonnesch Qualifikatioune verfüügt, déi fir dese Posten néideg sinn. D'Aufgabe vun deem Posten ëmfaassen ausschliisslech Tätegkeeten, déi dese Gemengenemployé am Kader vu senge verschiddene fréiere Beschäftegungen ausgefouert huet.

#### 2.2. Suppressioun vu Posten.

Der Gemengerot approvüiert d'Suppressioun vu fräien, onbesate Posten.

## PRÄSENZEN

**Buergermeeschter:** Marc Ries;  
**Schäffen:**

Marie-Claire Ruppert,  
Sylvette Schmit-Weigel;

**Gemengeréit:**

Claude Boden, Marc Bosseler,  
Reinhold Dahlem, Hugo Da Costa,  
Fernande Klares-Goergen, Patrick  
Lamhène, Jean-Pierre Meisch,  
Olafur Sigurdsson;

**Gemengesekretär:**

Steph Hoffarth.

Deutsche Übersetzung:  
Traduction française :



# GEMENGEROTS- SÄTZUNG VUM 19.04.2024

Sämtlech Punkten an dëser Sëtzung goufen eestëmmeg  
approuvéiert.

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, en zousätzlechen  
dréngende Punkt op den Ordre du jour ze setzen: 8.a) Unhuele  
vun enger neier „Corporate Identity“ fir d'Gemeng Betzder

## PRÄSENZEN

**Buergermeeschter:** Marc Ries;  
**Schäffen:**

Marie-Claire Ruppert,  
Sylvette Schmit-Weigel;

**Gemengeréit:**

Claude Boden, Marc Bosseler,  
Reinhold Dahlem, Hugo Da Costa,  
Fernande Klares-Goergen, Patrick  
Lamhène, Jean-Pierre Meisch,  
Olafur Sigurdsson;

**Gemengesekretär f.f.:**

Véronique Hengen.

**Deutsche Übersetzung:**  
**Traduction française :**



## Öffentlech Sëtzung (13 Punkten):

### 1. KLIMAPAKT:

#### 1.1. Presentatioun vum Rapport annuel 2023.

De Gemengerot hält d'Presentatioun  
vum Rapport annuel fir d'Joer 2023 vum  
Klimapakt zur Kenntnis. Deen zoustännegen  
Gemegebeamten Sam BEHLER gëtt weider  
Erläuterungen dozou.

### 2. BUDGET / COMPTABILITÉIT:

#### 2.1. Recettë vum Joer 2023.

De Gemengerot approuvéiert d'Recetten an  
Héicht vun insgesamt 15 912 350,23 €.

#### 2.2. Ausseruerdentleche Subsid „Relais pour la vie 2024“.

De Gemengerot approuvéiert en ausser-  
erdentleche Subsid an Héicht vu 5 201 € zu  
Gonschte vun der Initiativ „Relais pour la vie  
2024“ vun der Fondation Cancer. Zu dësem  
Zweck sinn d'„Betzder Flitzerten“ ënner der  
Koordinatioun vun „Zesummen am Duerf“ eng  
Streck vun enger Gesamtdauer vu 46 Stonnen  
an 31 Minutte gelaf

### 3. ZOUSÄTZLECHEN DEVIS:

#### 3.1. Revaloriséierung vun enger Scheier zu Betzder.

De Gemengerot hält d'Presentatioun an  
d'Erläuterunge vum Joe UGEN, Chef vum  
Service technique, zur Kenntnis an approuvéiert

en zousätzlechen Devis an Héicht vun 300 000 €  
fir de Projet „Al Scheier“, deen ursprüngelech 2019  
approuvéiert an 2023 ageweit gouf, fir deen  
d'Käschte vun der Fäerdegstellung opgrond  
vun deene ville Krisen an deene vergaangene  
Joren awer gestige sinn.

### 4. ALLGEMENGE BEBAUUNGSPLANG (PAG) / DEELBEBAUUNGSPLANG (PAP) / LOTISSEMENTER:

#### 4.1. Avenant vun der Konventioun vum 25. September 2020 am Hibleck op d'Duerchféierung vun der Phas 2 vum Deelbebauungsplang (PAP) fir Grondstécker um Site „Laangfelder / Hogewee“ zu Bierg.

De Gemengerot approuvéiert deen am Uschloss  
zum Vott vum 26. Januar 2024, iwwer eng  
punktuell Ännerung vum PAP fir deen neie  
Quartier „Laangfelder/Hogewee“ zu Bierg,  
erforderlechen Avenant vun der betreffender  
Konventioun.

#### 4.2. Konventioun iwwer Grondstécker um Site „rue de Wecker“ zu Betzder.

De Gemengerot approuvéiert d'Fusioun vun  
zweu Parzellen an d'Konventioun am Hibleck op  
de Bau vum zoukënftege Lotissement.

### 5. KONVENTIOUNEN:

#### 5.1. Prise en charge vun engem zousätzlechen ETP Diplompédagog (Educateur) fir d'Associatioun „Jugendhaus Betzder asbl“ duerch d'Gemeng Betzder.

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun mat der Associatioun „Jugendhaus Betzder asbl“ bezüglech der Prise en charge vun de Käschte fir en zousätzlechen ETP Diplompédagog (Educatour).

## 5.2. Participatioun beim Projet „Equisolidaire“.

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun am Bezuch op de Projet „Equisolidaire“. Equisolidaire asbl entwéckelt Projeten, déi d'Integratioun, d'Veräinslieden an d'Solidarwirtschaft férdere. Hir Aktivitéiten erméiglechen ënner anerem, Beneficiairé vum REVIS eng Beschäftegung am Kader vun de gemengnëtzegen Aarbechten (Travaux d'Utilité Collective – TUC) unzebidden.

## 6. GEMENGEREGLEMENTER:

### 6.1. Verkéiersreglementer.

De Gemengerot approuvéiert déi follgend Verkéiersreglementer:

- ~ **Berg, rte de Luxembourg – RNI :**  
Chantier fir Raccordementsaarbechten
- ~ **25. Mee 2024** – Passage vun der Vëloscourse Schleck Gran Fondo
- ~ **15. Juni 2024** – Widdebierg Laf

## 7. VERTRÄG:

### 7.1. Grafkonzessiounsvertrëg.

De Gemengerot approuvéiert 3 Grafkonzessiounsvertrëg.

## 8.A. UNHUELE VUN ENGER NEIER „CORPORATE IDENTITY“ FIR D'GEMENG BETZDER.

Am Uschloss un d'Presentatioun vum Vorschlag fir déi nei visuell Identitéit vun der Gemeng Betzder, vun der Grafikagence Piranha et Petits Poissons Rouges während hirer Aarbechtssitzung vum 19. Abrëll 2024, hunn d'Gemengerotsmemberen sech positiv am Bezuch op d'Unhuele vun der neier „Corporate Identity“ vun der Gemeng Betzder geäussert.

## 8. INFORMATIOUNE FIR D'GEMENGEROTSMEMBEREN.

### a) Terminkalenner:

De Buergermeeschter deelt d'Datumer vun de geplangte Veranstaltungen an der Gemeng mat.

### b) Suivi vun de Chantieren:

#### Logementer „Al Paschtoueschhaus“ – Menster.

D'Aweigung vun den Haiser ass fir den 10. Mee 2024 geplangt.

#### Logementer bei der Brasserie Monkel – Ouljen.

D'Aweigung vun de Logementen ass fir den 10. Mee 2024 geplangt.

#### Logementer „Al Schoul“ – Menster.

**Gebai A:** D'Fassadenaarbechte sinn ofgeschloss. D'Plättercher si verluecht. Den Usträicher ass amgang ze schaffen. De Lino am Proufraum ass verluecht.

**Gebaier B & C:** D'Finitionsaarbechte mussen nach gemaach ginn.

#### „Al Schoul“ – Betzder.

- ~ **Blokk A :** D'Pos vun den ënnerierdesche Leitungsnetzer ass ofgeschloss.
- ~ **Blokk B :** D'Dall um Rez-de-chaussée ass fäerdeg.
- ~ **Blokk C :** D'Verstärkungsarbeiten un der Buedemdall um 2. Stack sinn amgang.
- ~ **Blokk D :** D'Buedemdall um 2. Stack gouf betonéiert.

#### „Alen Pompjeesbau“ – Menster.

D'Daachdeckeraarbechte sinn amgang.

#### Dechanthaus – Betzder.

D'Ofrappaarbechte banné sinn amgang, duerno ass d'Stabiliséierung vun de baussenzege Fassade geplangt.

#### Ëmrëschte vun der Stroossebelichtung op LED – Rued-Sir a Menster.

D'Aarbechten an den Uertschafte Rued-Sir a Menster si bal fäerdeg.

#### Crèche – Rued-Sir.

D'Virmontage vun de Sanitär- an HLK-Anlagen ass ofgeschloss. D'Wänn aus Lehmléck uewenop si fäerdeg, an um Rez-de-chaussée sinn d'Bauaarbechten amgang. Uewenop gëtt den Ament d'Chape gegoss.

#### Kreesverkéier op der Kräizung N1/CR187 – Rued-Sir.

D'Binderschicht gouf an d'Fuerbunn abruecht. D'Deckschicht gouf an de gedeelten Trétoir abruecht.

#### Schreiwes vun den „Ouljer Bierger“.

Den Här Marc RIES informéiert de Gemengerot iwwer d'Resultater vun den Etüden, déi am Hibleck op eng (eventuell) zoukënfteg Strategie fir d'Verkéisberouegung zu Ouljen an zu Betzder wäerte stattfannen.

## 9. RAPPORTE VUN DE GEMENGEVERTRIEDER AN DEENEN EENZELE SYNDIKATER.

### CIGR Syrdall

Den Här Reinhold DAHLEM informéiert iwwer de Vott vum neie Verwaltungsrat vum Veräin ouni Gewënzweck, CIGR Syrdall asbl, an doriwwer, dass hie weiderhin d'Fonction vum Vizepresident iwwerhëlt. Fir d'Virbereedung vun der Generalversammlung gouf en Notaire mam Ausschaffe vu strukturellen Ännerungen vun de Statutte vun der asbl beoptraagt, déi deene betreffende Kommunalpolitiker an Iwwerteneestëmmung mat deem neie Gesetz vum 7. August 2023 iwwer d'Veräiner ouni Gewënzweck a Fondatiounen, e Stëmmrecht aramen.

### Flusspartnerschaft Syr

Den Här Reinhold DAHLEM an den Här Jim MEISCH berichten iwwer en informatiivt an opschlössräicht Treffen, zu Reckeng op der Mess, mat engem Techniker vun der Gemeng Biekerech zum Thema Salzstreeën am Wanter. Déi betreffend Gemeng huet d'Awunner vun e puer Stroossen iwwer den tatsächleche Bedarf u Salzstreeë befrot an d'Majoritéit huet decidéiert, drop ze verzichten.

Doriwwer eraus gëtt d'Grondwaasser all Joer duerch Dausende vun Tonne Streusalz verschmotzt, mee kee Mënsch schwätzt iwwer déi Quantitéit vun natierlechem Salz, déi aus de Fielse gewonnen ginn. Insgesamt ass d'Drënkwaassersituatioun zu Lëtzebuerg gutt – de Verschmutzungsgrad hält sech a Grenzen.

### Museksschoul

D'Madamm Marie-Claire RUPPERT informéiert iwwer d'Tatsaach, dass de Museksunterricht an dem Schouljoer 2024/2025 net méi am provisorische Containerbau stattfanne wäert.

### MEC asbl – Super-Senior

D'Madamm Marie-Claire RUPPERT informéiert iwwer d'Tatsaach, dass d'Gemeng Betzder 2 „Super-Senioren“ ënner hiren Awunner zielt an dass 4 Kanner aus der Gemeng den Ament vun dëser Offer profitéieren. Opgrond vum Manktem u Super-Senioren um Territoire vun der Gemeng Betzder an um nationale Plang stinn nach 6 weider Demanden an der Gemeng Betzder op der Waardelëscht.

### MEC asbl – Service fir sozial Mediations

D'Madamm Marie-Claire RUPPERT informéiert, dass ursprënglech 6 Mediationsdossieren agereecht goufen, vun deenen der nëmmen 2 traitéiert goufen. Déi 4 reschtlech Dossierer goufe vun de Leit zeréckgezunn.

## SIGI

Den Här Marc RIES informéiert iwwer d'Tatsaach, datt de Comité iwwerleet, dat aalt Gebai vum Siège vum Syndikat SIGI ofzerappen an op dësem Site de Bau vun engem neie Gebai ze plangen, well déi den Ament geloune Raimlechkeete weder abordabel nach funktionell sinn.

## CLUB AN DER LOUPESCHT -> ëmbenannt a CLUB AKTIV PLUS an der Loupescht

D'Madamm Fernande KLARES-GOERGEN deelt mat, datt dës Struktur ugefaangen huet, speziell qualifizéiert Personal anzustellen. Opgrond vun der héijer finanzieller Belaaschtung am Zesammenhang mat dem Brand vum Gemengenhäus zu Jonglënster kënnegt si un, datt d'Memberschaft am Club Aktiv Plus vun elo net méi gratis wäert sinn. An Zukunft ass e Bäitrag vu 784 € pro Mount ze bezuelen. Leider erfëllt de Site zu Beidweiler ëmmer nach net déi reell Besoine vun de Beneficiairen. Den Ament besteet awer d'Méiglechkeet, um neie Site „nei Mëtt“ um Territoire vun der Gemeng Jonglënster e Grondstéck fir 2,3 Mio. € ze kafen, fir do eng Struktur op engem Niveau (RDCH) ze bauen.

## 10. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT.

### Bike-Park

Den Här Hugo DA COSTA freet, ob et Neiegeketen am Hibleck op de „Bike-Park“ gëtt.

Den Här Buergermeeschter äntwert, datt déi aktuell finanziell Situatioun vun der Gemeng den Ament keng Prognosen erlaabt.

### Kommissioun #betz4yourfuture

Den Här Hugo DA COSTA wëllt wëssen, wéi d'Resonanz vun der Kommissioun #betz4yourfuture ass.

Den Här Buergermeeschter äntwert, datt ufanks Abrëll iwwer 800 personaliséiert Bréiwer an e Promotivvideo verdeelt goufen, fir en neien Appell fir d'Areche vu Kandidaturen ze lancéieren. Bis elo ass just eng eenzeg Kandidatur derbäikomm. Dräi Kandidature ware schonns virdrun agereecht ginn.

### Vermëttlung vum politesche Message an der externer Kommunikatioun

Den Här Hugo DA COSTA freet, ob an der externer Kommunikatioun künfteg eng kuerz Erklärung bäigefüügt gëtt, wann eng Steiererhéijung verabschit gëtt, fir datt d'Bevëlkerung d'Faite besser verstoe kann.

Den Här Buergermeeschter äntwert, datt d'Vermëttlung vum politesche Message am Kader vun

der Neigestaltung vun der Kommunikatiounsstrategie virgesinn ass.

### Ännerung vun der Flugroute

Den Här Marc BOSSELER freet am Zesammenhang mat der Testphas vun der Flugroute, déi geännert a méi no un d'Duerf Menster erugefouert gouf, ob am nächste Gemeengebliechen en Artikel virgesi ka ginn, fir déi betrafte Bierger ze bieden, der Gemeengeverwaltung hir Beobachtungen a punkto Fliegerkaméidi matzedeelen, fir datt dës an där vun der Autoritéite gefuerdeter Stellungnam berücksichtegt kënnen ginn, fir déi den Delai no ass (Oktober 2024).

De Buergermeeschter gëtt säin Accord fir dësen Artikel.

### Abschreiwung op d'Wielerlëschten

Den Här Marc BOSSELER wëllt wëssen, wéi Bierger mat duebeler Nationalitéit sech am Hibleck op d'Europawalen den 9. Juni 2024 op d'Wielerlëschten androe loosse kënnen.

Déi zoustänneg Gemeengebeamtin, d'Madamm Nadine WEBER, gëtt déi néideg Erklärungen.

### Dréchemauer zu Betzder

D'Madamm Fernande KLARES-GOERGEN informéiert sech iwwer den Zoustand vun der Dréchemauer am Ausgang vu Betzder a Richtung Ouljen.

De Buergermeeschter deelt mat, datt et doriwwe keng Neiegekeete gëtt.

### Zären an der audiovisueller Zon zu Betzder

D'Madamm Fernande KLARES-GOERGEN freet no der Méiglechkeet, en Zougangsverbuet fir d'Zären an der audiovisueller Zon zu Betzder ze dekretéieren, well et wéinst deene ville gebrachene Fënstere geféierlech ginn ass, dës Zären ze betrieden. Ausserdeem besteet d'Gefor, datt den Daach abrécht.

De Buergermeeschter äntwert, datt dës Zären dem Staat gehéieren a vum Wirtschaftsministère geréiert ginn. Et gëtt e Schreiwes preparéiert, an deem op déi geféierlech Situatioun higewise gëtt.

### Informationsflyer

D'Madamm Fernande KLARES-GOERGEN deelt mat, datt si gemierkt huet, datt an deem un d'Stéit verdeelten Invitationsflyer fir bei der Informationsveranstaltung den 10. Abrëll 2024 matzemaachen, Tippfeeler waren an der Gemeng hir visuell Identitéit net respektéiert gouf.

De Buergermeeschter äntwert, datt et sech heibäi ëm eng Aufsam handelt, déi domat zesammenhängt, datt d'Konsultativ-Kommisiounen nach net de Reflex haten, sech un d'Gemengeservicer ze wënnen, fir d'Matdeelungen un d'Stéit ze koordinéieren.

## Zoustand vun engem

### Ronnwanderwee (Circuit pédestre)

Den Här Jim MEISCH deelt mat, datt hie beobacht huet, datt de Ronnwanderwee vu Menster a Richtung Widdeberg opgrond vun Holzoftransportaarbechten den Ament an engem schlechten Zoustand ass.

De Buergermeeschter leet dës Informatioun un deen zoustänneg Fierschter, den Här David KUIJPERS, weider, deen sech dorëms këmmere soll.

### Accessibilitéit vun der Decharge Muertendall

Den Här Jim MEISCH bedauert déi generell Situatioun wat d'Accessibilitéit vun der Decharge Muertendall un deenen zwee oppene Samschdeger pro Mount, während deenen ee säi Sperrmüll kann ofginn, ugeet. Hien illustriert seng eegen Erfahrung mat dëser ongëschteger a geféierlecher Situatioun, well sech d'Autoen op der Strooss stauen an de Verkéier behënnern.

De Buergermeeschter gëtt en Iwwerbléck iwwer déi aktuell Situatioun. Wéinst dem Manktem u Personalressourcë vum SIGRE ass et den Ament net méiglech, dës Service méi oft unzebidden. Hien erënnert drun, datt d'Beméiungen, eng dauerhaft Léisung ze fannen, wéi an der Schäfferotserklärung beschriwwen, amgang sinn. Hien erkläert, datt schonns Sondagë mam SIAS stattfonnt hunn, fir aner Betriebsméiglechkeeten ze bewäerten, méiglecherweis op der Decharge Mënsbech. Déi bedreift och eng Aart „Second-Hand-Corner“ an dës Servicer stinn der Öffentlechkeet u sechs Deeg an der Woch zur Verfügung.

Den Här Reinhold DAHLEM schléisst sech de Beobachtunge vum Här Jim Meisch un a füügt derbäi, datt landwirtschaftlech Gefierer an der Schlaang beobacht goufen, woubäi gewosst ass, datt den Zougang samschdes strikt de private Stéit virbehalen ass an datt den Offallvolumme laut dem Gemengereglement op ee Kubikmeter begrenzt ass.

De Buergermeeschter hält dës Tatsaach zur Kenntnis a füügt derbäi, datt d'Begrenzung vum Volumen op ee Kubikmeter vun all deenen anere Membergemenge vum SIGRE net ugewannt gouf.

Den Här Claude BODEN féiert d'Gespréich mat der Fro weider, ob d'Gemeng gegebenefalls Member vum Syndikat SIGRE bleift oder ob d'Gemeng hir Membershaft op de Syndikat SIAS beschränkt.

De Buergermeeschter äntwert, datt déi aktuell finanziell Bedeelegung beim SIGRE sech op de Prozentsaz vun den Awunner bezitt, déi de Service vun der Decharge Muertendall an Usproch huelen.



### SIGI-Internetsitten

Den Här Jim MEISCH deelt seng Beobachtung mat, datt déi vum SIGI erstalten a fir Clibb a Veräiner bestëmmten Internetsitten net iwwer bestëmmten Sécherheitszertifikater verfügen, déi fir d'Notzung vu verschiddene Browser erfuerderlech sinn.

De Buergermeeschter deelt mat, datt hien als Vertrieeder vum Syndikat SIGI dese Punkt op säin nächsten Ordre du jour setze wäert.

### Second-Hand-Corner

Den Här Jim MEISCH bedauert, datt de „Second-Hand-Corner“ net funktionéiert.

De Buergermeeschter gëtt e Resumé iwwer déi aktuell Situatioun. Opgrond vum Manktem u Personalressourcë vum Jugendhaus ass et den Ament net méiglech, dese Service méi oft unzebidden. Den Ament gëtt et zwou Optiounen: Entweder gëtt dese Service als Deel vun de Gemengenaktivitéite bäibehalen, awer vu Benevolle bedriwwen, oder et distanzéiert een sech dovun an delegéiert d'Koordinatioun vun deser Aktivitéit un eng drëtt Organisatioun.

### Stuermschied

Den Här Reinhold DAHLEM deelt seng Beobachtung mat, datt verschidden HERAS-Zénk vu privaten a kommunale Chantiere während dem Stuerm mat Alarmstuf Giel op d'Strooss geflu sinn. Hie biet drëm, an diesem Sënn eng Kontroll an den Aufgabebereich vum Agent municipal opzehuelen.

De Buergermeeschter hält dëst zur Kenntnis an äntwert, datt d'Gemeng net fir privat Chantiere verantwortlech ass an net iwwer Méttel fir d'Kontroll vun de Chantiere verfügt.

### Trëttoiren zu Menster

Den Här Reinhold DAHLEM freet nom Avancement vum Dossier vun der Mise en conformité vun den Trëttoiren an der Rue d'Uebersyren zu Menster.

De Buergermeeschter äntwert, datt d'Pläng fäerdeg sinn. Esoubal d'Devisen erakommen, ginn déi betraffe Leit kontaktéiert, fir sech iwwer déi weider Virgoensweis ze concertéieren.

### Container fir gréng Offäll

Den Här Claude BODEN freet no der Méiglechkeet, de Container fir gréng Offäll virum Week-end eidel maachen ze loosse, well déi meescht Awunner deen an deser Zäit brauchen.

De Buergermeeschter äntwert, datt d'Behälter scho manner iwwerfëllt sinn, zënter de CIGR ugewise gouf, seng gréng Offäll direkt op der Decharge Muertendall ze entsuerge.

### Opstelle vun enger Bänk zu Rued-Sir

Den Här Claude BODEN freet no der Méiglechkeet, längs der Strooss vun Ouljen op Rued-Sir virum dem Foussgängerwee eng Bänk opzestellen.

De Buergermeeschter äntwert, datt hien d'Ekipp vum Gemengenatelier doriwier informéiere wäert, fir datt déi sech esou séier wéi méiglech doréms këmmert.

**Betzder**  
PANORAMA-TOUR  
& TRÉPPELPIED  
40,5 KM LAANGE CIRCUIT  
& KUERZ SPADSÉIERWEEËR  
2 BIS 10,5 KM

**Betzder**  
VÉLOSWEÉ SYRE  
PC4 - 19,4 KM

**ÄREN TRAIL ZU FOUSS  
ODER UM VELO DUERCH  
D'SYRDALLGEMENG**

+352 28 13 73-1  
www.betzdorf.lu/tourisme  
GemengBetzder

**Betzder**  
Syrdallgemeng

GEMENGEROT

## ADRESSEN

SANTÉ			
Centre Médical Syre – Dr. Yves Hansen, Médecin généraliste – Dr. Laura Cattaneo, Médecin généraliste	9, rue de la Gare L-6910 Roodt/Syre	Tél.: 77 93 77	
Muselheim – Behandlungs a Berodunszenter	12, rue St. Martin, L-6635 Wasserbillig	Tél.: 26 70 26	
Service de prise de sang / Blutabnahmedienst À Roodt/Syre au « Centre Médical Syre » – Laboratoires Réunis Mo-Fr / Lu-Ve: 6h30–9h30		Tél.: 78 02 90–1	<a href="http://www.labo.lu">www.labo.lu</a>
Centre Médico-Social	20, route du Vin, L-6794 Grevenmacher	Tél.: 75 82 81–1	<a href="http://www.ligue.lu">www.ligue.lu</a>
PERSONNES ÂGÉES			
Club Aktiv Plus « An der Loupescht »	2, rue de l'école, L-6235 Beidweiler	Tél.: 27 55 33 95	<a href="http://www.help.lu">www.help.lu</a>
Club Aktiv Plus Syrdall	1, square Peter Dussmann, L-5324 Contern	Tél.: 26 35 25 45	<a href="http://www.syrdallheim.lu">www.syrdallheim.lu</a>
C.I.G.R. Syrdall – Service aux personnes âgées 65+	Zone Industrielle Scheidhof L-5280 Sandweiler	Tél.: 26 35 04 81	<a href="http://www.cigrsyrdall.lu">www.cigrsyrdall.lu</a>
HELP (Aides et Soins à domicile)	12, rue St. Martin, L-6635 Wasserbillig	Tél.: 2755–3630	<a href="http://www.help.lu">www.help.lu</a>
HELP (Centre de Jour spécialisé)	12, rue St. Martin, L-6635 Wasserbillig	Tél.: 2755–3652	<a href="http://www.help.lu">www.help.lu</a>
Help 24 (Service Téléalarme)		Tél.: 26 70 26	<a href="http://www.help.lu">www.help.lu</a>
Hëllef Doheem Centre d'Aide et de Soins à domicile	34, rue Hiel (z.a. Laangwiss), L-6131 Junglinster 12, rte du Vin, L-6794 Grevenmacher	Tél.: 40 20 80–3200 Tél.: 40 20 80–3100	<a href="http://www.shd.lu">www.shd.lu</a>
Sécher Doheem (Service Téléalarme)		Tél.: 26 32 66–1	<a href="http://www.shd.lu">www.shd.lu</a>
Senioren-Telefon		Tél.: 24 78–6000	<a href="http://www.luxsenior.lu">www.luxsenior.lu</a>
Info-Zenter Demenz	14A, rue des Bains L-1212 Luxembourg	Tél.: 26 47 00	<a href="mailto:mail@i-zd.lu">mail@i-zd.lu</a> <a href="http://www.i-zd.lu">www.i-zd.lu</a> • <a href="http://www.demenz.lu">www.demenz.lu</a>
MÉDIATION			
Regionaler Mediationsdienst Service Régional de Médiation Sociale	9, rue André Duchscher, L-6434 Echternach	Tél.: 26 72 00 35	
Ombudsman Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg	36, rue du Marché-aux-Herbes, L-1728 Luxembourg	Tél.: 26 27 01 01	<a href="http://www.ombudsman.lu">www.ombudsman.lu</a>
ENFANTS			
Super Senior (service d'accompagnement scolaire)	9, rue André Duchscher L-6434 Echternach	Tél.: 26 72 00 35 GSM: 621/669 212	<a href="http://www.mecasbl.lu">www.mecasbl.lu</a> <a href="mailto:info@mecasbl.lu">info@mecasbl.lu</a>
Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand	2, rue Fort Wallis, L-2714 Luxembourg	Tél.: 26 12 31 24	<a href="http://www.ork.lu">www.ork.lu</a>
Centre Thérapeutique Kannerhaus Jean	9, rue du Château, L-6922 Berg	Tél.: 27 55 63 30	<a href="http://www.croix-rouge.lu">www.croix-rouge.lu</a>
Initiativ Liewensufank Babyhotline	2b, rue de Olingen, L-6832 Betzdorf	Tél.: 36 05 97	<a href="http://www.liewensufank.lu">www.liewensufank.lu</a>
BabyPLUS		Tél.: 36 05 97–30	
Numéro d'urgence européen "enfants disparus/enfants en détresse"		Tél.: 116 000	<a href="http://www.116000.lu">www.116000.lu</a>
Service Krank Kanner Doheem	95, rue de Bonnevoie, L-1260 Luxembourg	Tél.: 48 07 79	<a href="http://www.skkd.lu">www.skkd.lu</a>
École fondamentale – Direction régionale	Office Park - Potaschbierg, 17, rue de Flaxweiler, L-6776 Grevenmacher	Tél.: 247-55940	<a href="mailto:secretariat.grevenmacher@men.lu">secretariat.grevenmacher@men.lu</a>
ALUPSE – Association lux. pour la prévention des sévices aux enfants	8, rue Tony Bourg L-1278 Luxembourg	Tél.: 26 18 48–1 Fax: 26 19 65 55	<a href="http://www.alupse.lu">www.alupse.lu</a> <a href="mailto:alupse@pt.lu">alupse@pt.lu</a>
SAVVD – Service d'assistance aux victimes de violence domestique	B.P. 1024 L-1010 Luxembourg	Tél.: 26 48 18 62 Fax: 26 48 18 63	<a href="mailto:savvd@fed.lu">savvd@fed.lu</a>
DIVERS			
Fairtrade Lëtzebuerg	2a, rue de la Gare   L-6910 Roodt/Syre	Tel.: 35 07 62	<a href="http://www.fairtradegemeng.lu">www.fairtradegemeng.lu</a> <a href="mailto:info@fairtrade.lu">info@fairtrade.lu</a>
Beim Lis – Duerfbutteck & Duerftreff	7, Rue de la Gare, L-6910 Roodt/Syre	Tel.: 43 75 15 1 GSM: 691 719 013	<a href="http://www.beimlis.lu">www.beimlis.lu</a> <a href="mailto:moien@beimlis.lu">moien@beimlis.lu</a>
Trisomie 21 Lëtzebuerg asbl	2b, rue de Olingen, L-6832 Betzdorf	Tél.: 26 78 74 51 Fax: 26 78 77 81	<a href="http://www.trisomie21.lu">www.trisomie21.lu</a>
Bureau de poste Roodt/Syre	4, rue de la Gare/ lun-ven 8h–11h		
Point Post "Cactus"	lun-ven 8h–20h / sam 8h–19h / dim 8h–13h		
Klima-Agence (sur RDV)	Adm. Communale (Bâtiment C), 11, rue du Château, L-6922 Berg	Tél.: 8002 11 90	<a href="http://www.klima-agence.lu">www.klima-agence.lu</a>
Police Grand-Ducale			
Commissariat Syrdall	Roodt/Syre: lun-ven: 13h–15h Niederanven: lundi et vendredi 13h–15h	Tél.: 244 78–1000	
Commissariat Museldall	Grevenmacher 24h/7	Tél.: 244 70–4100	
Urgences		Tél.: 113	
Presbytère Mensdorf		Tél.: 77 01 23   GSM: 621/350 086	
Helpline Croix-Rouge		Tél.: 2755	
Numéro d'urgences européen unique : 112		Tél.: 112	<a href="http://www.112.lu">www.112.lu</a>

# PICKNICK CONCERT BETZFIELD Open Air



30.08. & 31.08.24

FREITAG



SUPPORT ACTS:

CHAILD &

KRICK



# Zoi



SAMSTAG



# Rock Legends EXPERIENCE

YOU  
CLICK  
WE PLAY



SUPPORT ACT:

FRED BARRETO GROUP

ROODT/SYRE, LUXEMBOURG / INFOS & TICKETS [WWW.BETZFIELD.LU](http://WWW.BETZFIELD.LU)



Syrdallgemeng

[www.betzdorf.lu](http://www.betzdorf.lu)

Picknick-Utensilien & Verpflegung dürfen mitgebracht werden

Gratis Parken & Shuttleservice (bitte beachten sie die Hinweise auf unserer Website)

Infos:



Tickets nur über Ticket-Regional:

Tel: 20 30 10 11 | [www.ticket-regional.lu/betzdorf](http://www.ticket-regional.lu/betzdorf)

Veranstalter: Commune de Betzdorf



# MANIFESTATIONSKALENNER

## JULI – DEZEMBER 2024

### JULI

07.07.24	Duerffest	Menster Musek	Fieweschplaz, Menster
07.07.24	Concert Luxembourg Philharmonia	Gemeng Betzder	Syrkus, Rued-Sir
12.07.24	Schouffest	Elterevereenegung Betzder	Schoulcampus, Rued-Sir
13.07.24	Ofschlossiessen – Widdebierger 50+	Widdebierger 50+	Relais du Château, Betzder
27.07.24	Ayurveda Kachkurs & Workshop	Club Syrdall	Al Scheier Betzder
28.07.24	Porte Ouverte	CIS Menster	Pompjeesbau

### AUGUST

15.08.24	Summerfest Quiiitsch Beach op der Côte de la Syre	DT Syra Ouljen	Millen, Ouljen
30.+31.08.24	Betzfield	Gemeng Betzder	Rued-Sir

### SEPTEMBER

14.09.24	Coupe du Président	Tennis Club Roodt/Syre	Tennishal, Rued-Sir
14.09.24	Workshop Vie Associative	Equisolidaire	Syrkus, Rued-Sir
20.>23.09.24	Championnats Fitness et Bodybuilding	IFBB	Syrkus, Rued-Sir
27.+28.09.24	Kürbisfest	Kiwanis Alstadt	Al Kierch, Rued-Sir
29.09.24	Menster Quetschekiermes – 50 Joer	Amicale vun de Menster Veräiner	Menster

### OKTOBER

01.10.24	Widdebierger Treff + Pappendagsfeier	Widdebierger 50+	Iewesch Bowéngs, Rued-Sir
03.>06.+10.>13.10.24	Exposition tableaux Pundel Sibenaler		Al Kierch, Rued-Sir
06.10.24	Vizfest	Ouljer Musek	Centre culturel, Ouljen
11.10.24	Quizowend	DT Syra Olingen	Syrkus, Rued-Sir
11.10.24	Keisowend	CTF Olingen	Centre culturel, Ouljen
12.10.24	Konferenz „Psychesch Gesondheet an Berodungsdéngschter“	Zesummen an Duerf	Centre culturel, Menster
17.>27.10.24	Ausstellung	Hobbykenschtlter Letzebuerg asbl	Al Kierch, Rued-Sir
19.10.24	Hierschtfest	Trisomie 21	Al Scheier, Betzder
20.10.24	Mullefest	DT Rued	Syrkus, Rued-Sir
20.10.24	Hämmelsmarsch	Ouljer Musek	Centre culturel, Ouljen
26.–27.10.24	Konscht & Hobbymaat	FC Syra Mensdorf (veterans) & Hobbykenschtlter asbl	Syrkus, Rued-Sir
30.10.24	Traullichtfeier	Freundeskrees Kamerun	Centre culturel, Menster

### NOVEMBER

05.11.24	Widdebierger Treff	Widdebierger 50+	Iewesch Bowéngs, Rued-Sir
10.11.24	Hierschtkascht	Gaart & Heem Menster	Centre culturel, Menster
17.11.24	Tournoi Norbert Frieden	DT Rued	Centre sportif, Rued-Sir
23.11.24	Kiermesbal	Amicale vum CIS Menster	Centre culturel, Menster
23.11.24	Hämmelsmarsch – Menster Kiermes	Menster Musek	Menster
29.+30.11.24	Chrëschtmaat	Gemeng Betzder	Rued-Sir, Schoulcampus

### DEZEMBER

01.12.24	Chrëschtmaat	Gemeng Betzder	Rued-Sir, Schoulcampus
01.12.24	Niklosfeier	Ouljer Musek	Centre culturel, Ouljen
08.12.24	Wanterconcert	Menster Musek	Centre culturel, Menster
08.12.24	Wanterkascht	Chorale Rued-Sir	Syrkus, Rued-Sir